



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Lëtzebuergesch Versioun vum *Système éducatif* (Men.lu)

Iwwergräifend Theemen

Thèmes transversaux

Iwwergräifend Theemen

I.	D'Rechter vum Kand	6
	Förderung vun de Kannerrechter	6
	Schutz vun de Kanner géint Ausbeutung a sexuelle Mëssbrauch	6
	Schutz vun de Kanner géint d'Gefore vum Internet	7
	Interministeriell Zesummenaarbecht	7
	Matschaffe bei internationalen Organisatiounen, déi am Beräich vun de Kannerrechter aktiv sinn ...	8
II.	Organisatioun an Ëmsetzung	9
	Struktur vum Bildungswiesen	9
	National Elterevertriedung	10
	Sektoriell an national Verriedung	10
	Sektoriell Verriedung.....	10
	National Verriedung	11
	Dauer vum Mandat an extra Congé	11
	Service de médiation scolaire.....	11
	Wéini gräift e Mediator an?.....	11
	Wie ka sech un e Mediator wenden?	11
	Wéini kann ee sech un de Mediator wenden?	12
	Wat kann de Mediator maachen?	12
	Den Observatoire national de la qualité scolaire	12
	Aacht Observateuren	12
	Abezéie vun allen Akteuren aus dem Bildungswiesen	12
	Ëffentlech Rapporten	13
	Conseil supérieur de l'Éducation nationale (CSEN).....	13
III.	D'Sproochen an der Lëtzebuerger Schoul.....	14
	An der Grondschoul.....	14
	Am Enseignement secondaire classique (vun 12 Joer un; Klasse 7 ^e ESC bis 1 ^{re} ESC)	14
	Am Enseignement secondaire général (vun 12 Joer un; Klasse 7 ^e ESG bis 1 ^{re} ESG).....	14
IV.	Museksunterrecht.....	16
	Museksunterrecht an der Schoul.....	16
	Museksunterrecht an de Gemengen.....	16
	Parcours vum Schüler	16
V.	Auslännesch Schüler zu Lëtzebuerg	18
	E Kand an enger Schoul aschreiwen	18
	Grondschoul.....	18

Enseignement secondaire classique an Enseignement secondaire général	19
International a privat Schoulen	19
Auslännech Kanner an der Grondschoul	19
Cours d'accueil	19
Cours intégrés en langue portugaise.....	20
Projet « Assistant fir Portugisesch am Zykel 1 »	20
Interkulturell Bildung a Sproochesensibiliséierung	20
Auslännech Schüler am Enseignement secondaire classique an am Enseignement secondaire général.....	21
Enseignement secondaire classique.....	21
Enseignement secondaire général.....	23
Klasse fir Schüler vun zwielef bis fofzéng Joer, déi nei an d'Land koumen	23
Klasse mat Franséisch als Unterrichtssprooch (7 ^e ESG, 6 ^e ESG, 5 ^e ESG)	23
CLIJA Klasse	24
Klasse mat enger spezieller Sproochereegelung fir Schüler vu fofzéng Joer un, déi Franséisch kënnen	24
Virberufflech Ausbildung fir déi Siechzéng- bis Zwanzegjäreg	25
Interkulturell Mediateuren	25
V. Schüler mat besonneschem Förderbedarf.....	26
Eng Betreuung op dräi Niveauen	26
Op lokalem Plang.....	26
An der Grondschoul.....	26
Am Lycée	27
Op regionalem Plang	27
A jiddwerenger vun de fofzéng Grondschouldirektiounen ass e stellvertretenden Direktor zoustänneg fir d'Organisatioun vun der Ekippen zur Ënnerstëtzung vu Kanner mat besonnesche Besoinen (ESEB) an och fir de gudden Fonctionnement vun der Inklusiounskommissioun.	27
Op nationalem Plang: d'Kompetenzzentren	28
D'Aufgabe vun de Kompetenzzentren	28
D'Prozedur	28
Déi national Inklusiounskommissioun – CNI.....	29
D'Abesetzung vun den Elteren	30
VI. Schoulesch a berufflech Orientéierung	31
D'Orientéierung am Lycée	31
SePAS a CePAS	32
Antennes locales pour jeunes (ALJ).....	32
Fräiwëllegendéngscht.....	33
Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur (CEDIES)	33
D'Berufsberodung vun der ADEM (ADEM-OP).....	33
Maison de l'orientation.....	33
VII. Pedagogesch Theemen	35

Kulturell Bildung.....	35
Erzéiung zur nohalteger Entwécklung.....	36
Medienerzéiung a Mediebildung	36
E Referenzkader	37
Aktiounen	37
Fach Liewen a Gesellschaft	37
Liesfërderung.....	38
Aktiounen an de Schoulen	38
Ressourcë fir den Enseignement fondamental.....	39
Zënter Mee 2020 proposéiert de Ministère den Enseignantë vum Fondamental en Accès op den Internetsite ONILO	39
www.onilo.de/luxemburg. Dëst Léierportal bitt animéiert Bicher fir d'Schüler aus den Zyklen 1-3. Zousätzlech bitt dëst Portal pedagogesch Ressourcen an differenzéiert Material am Zesammenhang mat de Geschichten. D'Animationen an de Bicher si speziell op d'Liesfërderung an d'mëndlecht Liesverständnes ausgeriicht. Si hunn als Zil, d'Freed um Liesen ze wecken. D'Bicher kënnen esouwuel an der Klass wéi och eleng doheem gelies ginn.....	39
Ressourcë fir den Enseignement secondaire	39
Et huet een Zougrëff op read-y iwwert d'Lies-App Sora oder iwwert de Site ready.script.lu; D'Verbindung geet iwwert den Iam-Kont.	39
Partnerschaften.....	39
Nëtzlech Linken	40
Gesondheetsfërderung a Wuelbefannen	40
Konzept CARAT fir d'Schouklima	41
Beispiller vu Projeten	41
Stop-Mobbing	41
Gewaltpreventioun.....	41
Suchtpreventioun	41
AIDS-Preventioun	41
Emotional a sexuell Bildung	42
VIII. Statistiken an Analysen	43
IX. Schoulentwécklung	44
E Schoulentwécklungsplang fir all Grondschoul an all Lycée	44
Déi wichtegst Moosnamen am Iwwerbléck.....	44
E Plang, deem all d'Partner implizéiert.....	44
Ënnerstëtzung bei der Schoulentwécklung	44
E globalen Dispositif fir d'Schoulen	44
X. Pilotage a Kontrollmoosnamen	46
National Tester	46
Tester fir den Iwwergang vun der Grondschoul an den Enseignement secondaire (PFS)	46
Standardiséiert Tester.....	47
Gemeinsam Tester	47
International Studien.....	48

<i>Programme for International Student Assessment (PISA)</i>	48
<i>Health Behaviour in School-aged Children (HBSC)</i>	48
<i>International Computer and Information Literacy Study (ICILS)</i>	48

Iwwergräifend Theemen

Déi geografesch, demografesch a virun allem linguistesche Realitéite vum Land hunn e staarken Afloss op de Lëtzebuerger Schoulsystem.

E klengen Territoire: Mat 2 586 km² ass Lëtzebuerg eent vun de klengste Länner vun der Europäescher Unioun. Och d'Awunnerzuel ass bescheiden: Den 1. Januar 2019 waren et der 613.900.

Ënnerschiddlech Originnen: 47,7 % vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, sinn Ausländer. Déi gréisste Grupp maachen hei d'Portugiesen aus mat 16,3 % vun der Bevëlkerung, duerno kommen d'Fransosen (7,5 %), d'Italieener (3,6 %), d'Belsch (3,3 %) an déi Däitsch (2,2 %). Ausserdeem kommen all Dag ronn 197 000 Frontalieren aus Frankräich, der Belsch an Däitschland op Lëtzebuerg schaffen (Quell: STATEC). Dës kulturell Heterogenitéit hält bestänneg zou a spigelt sech an der Éischtsprooch erëm, déi d'Grondschouלקanner doheem schwätzen.

D'Méisproochegkeet: Lëtzebuerg ass en dräisproochegt Land, an dat schléit sech am Schoulsystem néier (Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch). D'Sproochen, déi vun den Ausländer, déi zu Lëtzebuerg wunnen, geschwat ginn, virun allem Portugisesch an Englesch, gewannen ëmmer méi u Bedeitung (kuckt d'Säit [Sproochen an der Lëtzebuerger Schoul](#)).

I. D'Rechter vum Kand

1989 huet d'UNO-Generalversammlung déi international Kannerrechtskonventioun ugeholl. Am Dezember 1993 gouf se vum Lëtzebuurger Parlament ratifizéiert.

Déi international Kannerrechtskonventioun huet sech de Schutz vun de Kanner a Jugendlechen ënner 18 Joer zum Zil gesat. Andeems et dësen Text guttgeheescht huet, huet sech **Lëtzebuerg** dozou verflücht, d'Rechter, déi an der Konventioun festgehale sinn, ze respektéieren: d'Recht op déi bescht medezinesch Versuergung, Recht op Bildung, Recht op Schutz géint all Form vu Gewalt, Recht op Schutz géint Diskriminéierung, Recht op Schutz vun der Privat- an Intimsphär, Recht op Partizipatioun asw.

Lëtzebuerg huet sech och verflücht, alle Kanner, déi rechtlech ënner seng Zoustännegkeet falen, dës Rechte ze garantéieren, onofhängeg vun hirer nationaler oder sozialer Hierkonft, hirer Hautfaarf, hirem Geschlecht, hirer Sprooch, hirer Relioun, hire Meenungen oder deene vun hiren Elteren.

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend këmmert sech ëm d'Ëmsetzung vun dësen Rechte op ministeriellem Plang. Hien hält och deel un den Aarbechte vun den zoustännegen internationalen Organismen, wou sech iwwer bewäerte Praktiken ausgetosch gëtt.

Fërderung vun de Kannerrechter

Zu Lëtzebuerg garantéiert den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand ([ORK](#)), datt d'Kannerrechter och ëmgesat ginn.

De Ministère implementéiert zousätzlech Initiativen, déi sech un d'Kanner, hir Elteren, d'Fachleit an deem Beräich an d'Allgemengheet richten, woubäi en op Privatorganisme wéi [ECPAT](#) (*End Child Prostitution, Child Pornography And Trafficking of children for sexual purposes*) zeréckgräift, déi vum Staat kofinanzéiert ginn.

Mam [Institut de formation de l'Éducation nationale](#) (IFEN) an anere Bildungszentren (*École nationale de l'éducation physique et des sports* – ENEPS asw.) assuréiert de Ministère d'Ausbildung vun de Fachkräften am Beräich Kanner a Jugend, wéi déi international Kannerrechtskonventioun dat virgesäit.

Schutz vun de Kanner géint Ausbeutung a sexuelle Mëssbrauch



De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend verfollegt verschidden Initiativen,

- fir Kanner géint sexuelle Mëssbrauch ze schützen,
- fir eng méi kannergerecht Unhéierung ze erméiglechen,
- fir Servicer bereetstellen, déi sech no engem Mëssbrauch ëm d'Kanner këmmen.

Zesumme mat den Haaptakteuren (Justizministère, Parquet, Police, Jugendjustiz, SePAS – Service psycho-social et d'accompagnement scolaires, Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, Association luxembourgeoise de pédiatrie sociale, Service médico-scolaire vun der Stad Lëtzebuerg, Ligue médico-sociale), huet de Ministère **Richtlinne fir d'Prozeduren** ausgeschafft, un déi sech d'Fachleit am Beräich Kanner a Jugend fir de Fall, datt si eppes vun enger Mësshandlung vu Kanner oder Jugendleche matkréien, musse halen.

An Zesummenaarbecht mat private Vereenegunge wéi z. B. ECPAT, déi vum Staat kofinanzéiert ginn, organiséiert de Ministère **preventiv Aktiounen** fir Kanner an d'Allgemengheet (Dag vun de Kannerrechter am Beetebuerger Park, [Ausstellung](#) asw.).

E schafft man Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) an aneren **Ausbildungsinstituter** zesummen, fir d'Fachleit am Beräich Kanner a Jugend an d'Prozeduren anzeschaffen, déi anzehalen sinn, wann e Fall vu sexuellem Mëssbrauch optaucht.

Am Hëllef op d'Schafung vun engem nationale Kompetenzzentrum am Beräich Mëssbrauch vu Kanner a Jugendleche gëtt eng Zesummenaarbecht mam Parquet, dem Ministère fir bannenzeg Sécherheet, der Direktioun vun der Kriminalpolizei, dem Gesondheitsministère an dem ORK ugestriift.

D'Modeller vum skandinavesche multidisziplinären Zenter „Barnahus“ an den amerikaneschen „Children's Advocacy Centres“ sinn an der Diskussioun.

Schutz vun de Kanner géint d'Gefore vum Internet

Am Kader vun den Initiativen, déi d'Kanner géint sexuelle Mëssbrauch a sexuell Gewalt solle schützen, sensibiliséiert de Ministère d'Bierger an d'Fachkräften ([Table-ronde](#), [Fachtagung](#), Referenzplattform) géint d'Geforen am Zesummenhang mat der Notzung vum Internet a virun allem géint de Phänomen vum **Grooming**.

Vu *Grooming* schwätzt een, wann eng erwuesse Persoun e Kand kontaktéiert, dacks online an ënner falscher Identitéit, mam Zil, fir et sexuell ze mëssbrauchen oder fir him Suen ofzeknäppen. De Kontakt kann iwwer länger Zäit goen, fir e Vertrauensverhältnis opzebauen an d'Kand herno kënne méi liicht auszenutzen an ausbeuten. Dës ka verschidde Formen unhuelen: Begéignungen am „richtege Liewen“, mam sexuelle Mëssbrauch als Zil; Opfuerderung, sexuell explizit Biller vu sech ze schécken; Erpressung op Grond vun dësen explizite Biller, fir Suen oder méi Bildmaterial ze kréien.

De *Service des droits de l'enfant* vum Ministère huet Informatiounen a Rotschlëi zu bewäerte Praktiken fir d'Elteren an d'Fachkräften aus dem Erzéiungsberäich zesummedroen (op Däitsch a Franséisch).

- [Informatiounen fir Eltern](#)
- [Informatiounen fir Leit, déi am Kanner- a Jugendberäich schaffen](#)

Interministeriell Zesummenaarbecht

D'Kannerrechter falen ënner d'Zoustännegkeet vu verschiddene Ministerien, déi hiert Handeln ënnerteneen ofstëmmen:

- Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend – *Comité interministériel de la jeunesse*;

- Justizministère – *Comité interministériel de lutte contre la traite des êtres humains an den Groupe de travail interministériel sur le Centre national d'audition et de thérapie pour enfants – juristische Volet;*
- Ausseministère – *Comité interministériel des droits de l'homme;*
- Ministère fir Chancëgläichheet – *Comité interministériel de lutte contre la discrimination des personnes LGBTQI (Lesbian, Gay, Bisexual, Transgender, Queer/Questioning and Intersex);*
- Gesondheetsministère – *Groupe de travail interministériel sur le Centre national d'audition et de thérapie pour enfants, volet examen médical;*
- Sportsministère (Iwwerleeungen zur Implementéierung vu Moossnamen, déi d'Kanner beim Sport géint sexuelle Mëssbrauch solle schützen; Aféierung vun engem betreffende Modul an der Formation fir Trainer);
- Ministère fir Aarbecht (Avis iwwer d'Aarbechtserlaabnes fir Kanner, déi als Acteur bei audiovisuelle Produktiounen matmaachen).

Matschaffe bei internationalen Organisatiounen, déi am Beräich vun de Kannerrechter aktiv sinn



De Ministère representéiert Lëtzebuerg bei den internationalen Organisatiounen am Kader vum Suivi vun de Konventiounen, déi Lëtzebuerg ratifizéiert huet, a fir ëmmer um leschte Stand ze sinn, wat Entwécklungen a bewäerte Praktiken op internationalem Plang ugeet.

Vereenten Natiounen

- Koordination vun de periodeschen Äntwerte vu Lëtzebuerg a puncto Kannerrechter, wéi se sech aus der internationaler Kannerrechtskonventioun erginn;
- Koordination vun de periodeschen Äntwerte vu Lëtzebuerg zu de Fakultativprotokoller, déi sech op déi international Kannerrechtskonventioun bezéien an déi Lëtzebuerg ratifizéiert huet;
- Mataarbecht bei der Redaktioun vum periodesche Rapport vu Lëtzebuerg (UPR –Universal Periodic Review), d. h. der allgemenger periodescher Iwwerprüfung a senger Verteidigung virun der UNO-Generalversammlung zu Genf;
- Mataarbecht bei der Redaktioun vum periodesche Rapport vu Lëtzebuerg fir de CEDAW-Rapport (Convention on the Elimination of All Forms of Discrimination Against Women) a senger Verteidigung virun den UNO-Experten zu Genf.
- Verriedung vu Lëtzebuerg bei de „Journées de réflexion générale“ vun der UNO.

Europäesch Unioun

- Verriedung vu Lëtzebuerg bei der informeller Grupp vun de Kannerrechtskoordinatoren
- Verriedung vu Lëtzebuerg am europäesche „Guardianship Network“ (*réseau européen de tutelle*)
- vu Kanner a Migratiounssituatioune befaassen.

Europarot

- Verriedung vu Lëtzebuerg am *Comité des parties à la protection des enfants contre l'exploitation et les abus sexuels*
- Verriedung vu Lëtzebuerg am *Comité ad-hoc des droits de l'enfant*.

II. Organisatioun an Ëmsetzung

Op nationalem Plang ass de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend zu Lëtzebuerg fir d'Entscheedungen am Bildungsberäich zoustänneg (mat Ausnam vum Enseignement supérieur, deen ënner d'Zoustännegkeet vum [Ministère fir Héichschoul a Fuerschung](#) fält).

D'Zilsetzunge vum ëffentlechen Enseignement, d'Programmer, d'Certificaten an d'Diplomer, den Zougang zu Héichschoulstudien, d'Statuten an d'Administratioun vum Schoulpersonal falen also ënner eng zentral Verwaltung.

Fir d'Schoulorganisatioun am Enseignement fondamental (Opdeelung vun de Klassen, Stonnepläng asw.) sinn déi 106 Gemengen zoustänneg. D'Gemenge këmmere sech och ëm d'Schoulentwécklungsmoossnamen, si iwwerhuelen d'Käschte fir d'Schoulinfrastrukturen an den Equipement. D'Enseignante gi vum Staat ernannt, dann de Gemengen zougedeele. De Staat bezilt hir Paien.

Am Enseignement secondaire classique a secondaire général këmmert sech net d'Gemeng ëm d'Verwaltung vun de Schoulen, ma d'Responsabilitéit gëtt hei direkt vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend un d'Direktiounen vun de Lycéeën iwwerdroen. D'Enseignante gi vum Staat ernannt a bezuelt.

Struktur vum Bildungswiesen

Zu Lëtzebuerg besteet **Schoulpflicht** fir Kanner resp. Jonker vu véier bis siechzéng Joer. Déi schoulesch Ausbildung dauert op d'mannst zwielef Joer, opgedeele op d'Grondschoul an den Enseignement secondaire.

D'[Grondschoul](#) ass a véier Léierzyklen agedeelte:

- den Zykel 1 fir Kanner vu 4 bis 5 Joer; dat éischt Joer vun der Education précoce fir Kanner vun 3 Joer un ass fakultativ.
- den Zykel 2 fir Kanner vu 6 bis 7 Joer
- den Zykel 3 fir Kanner vun 8 bis 9 Joer
- den Zykel 4 fir Kanner vun 10 bis 11 Joer

Den [Enseignement secondaire](#) deelt sech op an zwou Schoulformen:

- den **Enseignement secondaire classique** geet iwwer siwe Joer a schléisst mat engem Diplôme de fin d'études secondaires of. E bereet virun allem op en Héichschoulstudium vir.
- den **Enseignement secondaire général** ass a verschidden **Ausbildungen opgedeele, déi sechs bis aacht Joer daueren, jee no Fachrichtung. Hei gehéiert och d'Beruffsausbildung derzou.**

D'Lëtzebuenger Schoul bitt a béide Schoulforme Moossnamen a spezifesche Klassen u fir d'Integratioun an d'[Schoulausbildung vun auslännesche Kanner](#).

Och Kanner mat enger Behënnerung oder Kanner [mat spezifische Bildungsbesoine](#) si schouflichteg. Si ginn an den normale Schoulunterricht integréiert oder gi vun engem Institut oder engem Service vun der Éducation différenciée betreit.

D'Zil vun der [Berufsausbildung](#) ass et, de Schüler eng beruflech Qualifikatioun ze erméiglechen – déi si um Lycée kréien –, oder Leit, déi schonn eng Berufsqualifikatioun hunn, ze hëllefen, dës ze adaptéieren respektiv auszubauen, sou datt se der Entwécklung an de Besoine vun der Wirtschaft erëm entsprécht.

D'[Erwuessenebildung](#) bitt Erwuessenen en adaptéierten Enseignement un, sief et am Kader vun enger beruflecher Weiterbildung, der allgemenger Bildung oder der Virbereedung op national Diplomer a Certificaten (2. Bildungswee).

De Lëtzebuerger Schoulsystem charakteriséiert sech am Wesentlechen duerch seng méisproocheg Traditioun; de [Sprachenunterricht](#) huet hei eng zentral Plaz.

Dir kënnt hei eng [Iwwersiicht vum Schoulsystem](#) eroflueden.

National Elterevertriedung

Déi national, demokratesch gewielten Elterevertriedung soll d'Kultur vun der Zesummenaarbecht vu Schoul a Schülereltere stäerken. D'Elterevertriedung fungéiert als Porte-parole vun den Elteren an huet eng berodend Funktioun vis-à-vis vum Educatiounsminister.

Si kann Avisen zu Gesetzesproposen oder pedagogesche Projeten ofginn, Propose maachen, wat den Unterricht an d'Schoul betrëfft, oder allgemeng sech zu all Thema äusseren, dat fir Elteren a Schüler vun Intressi ass.

Sektoriell an national Vertriedung

Déi national Vertriedung implizéiert all d'Schoulniveauen, Grondschoul an Enseignement secondaire. Fir d'Representativitéit ze garantéieren, si sektoriell an national Wale virgesinn.

Sektoriell Vertriedung

Fir d'Vertreieder vun den Eltere vu Grondschoulkanner:

D'Wale gi regional duerchgefouert. D'Direktore vun deene fofzëng Regiounen ruffen d'Elterevertreieder, déi an de Grondschoule vun hirer Regioun gewielt goufen, zesummen.

All Regionalversammlung wíelt zwee sektoriell Vertreieder. D'Privatschoulen an déi international oder europäesch Schoulen (privat oder ëffentlech) wíelen och ee sektorielle Vertreieder.

Fir d'Vertreieder vun den Eltere vu Lycéeskanner:

All Lycée wíelt seng Vertreieder. Den Elterecomité vun all Lycée wíelt ënnert senge Memberen zwee sektoriell Vertreieder. E sektorielle Vertreieder gëtt och vu private Schoulen esouwéi ëffentlechen oder privaten internationalen oder europäesche Schoule gewielt.

Fir d'Eltere vu Kanner mat spezifische Besoinen:

All Schüler, dee vun engem Kompetenzzenter betreit gëtt, bleift a senger regulärer Schoul ageschriwwen (Grondschoul oder Lycée).

D'Eltere vun dese Kanner sinn also sektoriell entweder iwwer d'Schoul, an där hiert Kand ageschriwwen ass, oder iwwer de Kompetenzzentrum, vun deem d'Kand betreit gëtt, vertrueden.

Am Prinzip ginn an all Kompetenzzentrum zwee sektoriell Vertreieder gewielt.

National Verriedung

Déi dräi sektoriell Verriedungen ernennen d'Membere fir déi national Verriedungen.

Déi national Verriedung setzt sech zesummen aus:

- véier Verrieder vun Eltere vu Kanner aus der Grondschoul,
- sechs Verrieder vun Eltere vu Kanner aus dem Enseignement secondaire an
- zwee Verrieder vun Eltere vu Kanner oder Jonke mat spezifesch Besoinen.

Dauer vum Mandat an extra Congé

D'Verieder op nationalem Plang gi fir e Mandat vun dräi Joer gewielt, dat verlängert ka ginn. Si kënnen aacht Deeg Congé fir Verriedungspflichte pro Joer accordéiert kréien, fir datt si hiert Mandat kënnen erfëllen.

Service de médiation scolaire

D'Schoul muss sécherstellen, datt jiddwer Schüler déi beschtméiglech Qualifikatioun ka kréien. D'Schüler hunn e Recht op Fërderung vu hiren Talenter an Hëllef bei eventuelle Schwächen op hirem Wee zum Bierger, zu Héichschoulstudien oder zu enger beruflecher Carrière.

Wann d'Gefill entsteet, datt d'Schoul hiren Aufgaben net méi gerecht gëtt, datt de schoulesche Parcours vun engem Schüler a Fro gestallt ass, kann de Schoulmediator a sã Service au maintien, à l'inclusion et à l'intégration scolaires mat der Saach befaasst ginn.

De Schoulmediator këmmert sech ëm Reklamatiounen, fir datt:

- Schüler, déi riskéieren, d'Schoul ofzebriechen an ouni Qualifikatioun de Schoulsystem ze verloossen, an der Schoul bleiwen
- Schüler, déi pedagogesch besonnesch mussen ënnerstëtzt ginn, an de System agebonne ginn (Inklusioun)
- Schüler mat Migratiounshannergrond, déi net hir ganz Schoulzäit zu Lëtzebuerg verbruecht hunn an net déi néideg Kompetenzen am Däitschen, Lëtzebuergeschen a Franséischen hunn, fir déi „normal“ Schoul ze besichen, integréiert ginn.

Wéini gräift e Mediator an?

Vum Schouljoer 2018-2019 u kann de Mediator an dës Situatiounen intervenéieren:

- wann d'Schoul keng adäquat Formatioun fir e Kand ubitt;
- wann d'Schoul hir Aufgaben net erfëllt oder
- wann d'Schoul oder d'Servicer vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend d'Gesetzer, d'Reglementer oder d'Instruktiounen, déi a Kraaft sinn, net korrekt applizéiert oder ëmgesat hunn.

E këmmert sech ëm individuell a konkret Reklamatiounen.

Wie ka sech un e Mediator wenden?

Eltere vu mannerjärege Kanner, groussjäreg Schüler oder Akteuren aus dem Educatiounsberäich (Enseignant, Direkter, Educateur asw.) kënnen sech mat enger schrëftlecher Reklamatioun, wann de Problem an den Handlungsberäich vum Mediator fält, un dës wenden.

Alles gëtt vertraulich behandelt.

Wéini kann ee sech un de Mediator wenden?

De Mediator kann eréischt dann intervenéieren, wann am Virfeld scho mat de betroffenen Akteure vun der Schoulgemeinschaft no enger Léisung gesicht ginn ass (zum Beispill: an der Grondschoul mam Schoulmeeschter oder der Léierin, mam regionalen Direkter; am Lycée mam Regent oder dem Direkter; an engem Centre de compétences en psycho-pédagogie mam Haaptzoustännegen oder mam Direkter) an dës Demarchen zu kengem Resultat gefouert hunn.

Wat kann de Mediator maachen?

De Mediator ënnerhëlt déi néideg Demarchë bei de Servicer oder implizéierte Schoulen a formuléiert Recommandatiounen, fir Meenungsverschiedenheeten am Gudden an op eng gerecht Aart a Weis ze léisen.

De Mediator ënnerbreet dem Minister reegelméisseg Recommandatiounen, déi ënner anerem de Fonctionnement vun de Servicer a Schoulen, wou hien huet missen intervenéieren, verbessere sollen.

E setzt och e Joresrapport op, deen un d'Chamber an un d'Regierung geet an um Site vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend verëffentlecht gëtt.

Den Observatoire national de la qualité scolaire

D'Aufgabe vum *Observatoire national de la qualité scolaire* bestinn doran, d'Qualitéit vum Enseignement am Bildungswiesen ze evaluéieren an ze iwwerwaachen. Et ass eng onofhängeg Struktur, déi als Expert eng objektiv Beurteilung vum Zoustand vum Schoulssystem gëtt. Den Observatoire evaluéiert op eng systemesch Aart a Weis d'Qualitéit vum Bildungssystem an d'Ëmsetzung vun de bildungspolitesche Moossnamen. En evaluéiert also net déi individuell Aarbecht vun den Enseignanten, mee d'Organisatioun an de Fonctionnement vun de Schoulen, de Lycéeën an de Servicer vum Ministère, dee fir den Enseignement zoustänneg ass.

Aacht Observateuren

Den Observatoire setzt sech aus aacht Observateuren zesammen, déi aus der Fonction publique oder dem Privatsektor kommen. Hir Feststellungen a Recommandatiounen entstinn aus enger komplett onofhängeger Aarbechtsweis eraus.

Fir hir Missiounen ze erfëllen, analyséieren d'Observateuren d'Studien an d'Resultater vun den nationalen Evaluatiounen an déi international Studien iwwer Lëtzebuerg. Den Observatoire gëtt dobäi vu wëssenschaftlechen Experten, Forschungsinstituter an Universitëiten ënnerstëtzt (Université du Luxembourg, LUCET – Luxembourg Centre for Educational Testing, SCRIPT – Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ...).

Abezéie vun allen Akteuren aus dem Bildungswiesen

An de Schoule schwätzen d'Observateure mam Direkter, dem Schoulcomité resp. dem Conseil d'éducation oder anere Verrieder vum Personal an och mat anere Membere vun der Schoulgemeinschaft. Si beroden sech mam Direkter a kommen a Coursen oder observéiere Léiersituatiounen, déi déi pedagogesch Praxis vun der Schoul illustréieren.

D'Observateure kënnen sech och mat den nationalen Elteren-, Schüler-, Studenten-, Enseignants- a Gemeindeverrieder an de Beruffskummere gesinn.

Ëffentlech Rapporten

Den Observatoire schreift all Joer en Aktivitéitsrapport, op d'mannst een themespezifesch Rapport iwwer ee Problembereich an all dräi Joer en nationale Rapport iwwer de Schoulssystem, mat Feststellungen a Recommandatiounen.

Dës Rapport ginn der Regierung an der Chamber ënnerbreet an um Site vum Ministère, dee fir d'Education zoustänneg ass, publizéiert.

Conseil supérieur de l'Éducation nationale (CSEN)

De **Conseil supérieur de l'Éducation nationale** (CSEN) ass e Berodungsgremium, deem sech op Ufro vum Minister oder op eegen Initiativ zu alle Froen, déi mat dem nationale Bildungssystem ze dinn hunn, a virun allem zu de grouse Linne vum Bildungssystem äussert. E setzt sech aus 36 Memberen zesummen, an zwar de Verrieder vun den Elteren, Schüler a Studenten, dem Léierpersonal, den Autoritéiten, déi mat der Schoul ze dinn hunn (*Collège des directeurs de l'enseignement fondamental*, *Collèges des directeurs de l'enseignement secondaire*, Gemengen, unerkannte Reliounen asw.), Verrieder aus der Wirtschaft, dem sozialen a kulturelle Beräich a vun den Associatiounen."

Fir méi gewuer ze ginn

Schoulssystem

[Lëtzebuerger ëffentleche Schoulssystem – Allgemeng Iwwersiicht \(FR/DE/EN/PT\)](#)

Eurydice, the European Encyclopedia on National Education Systems

[Overview](#)

[Organisation and Governance](#)

III. D'Sproochen an der Lëtzebuerger Schoul

Lëtzebuerg ass en dräisproochegt Land. D'Nationalsprooch ass Lëtzebuergesch, d'Sprooch vun der Legislatioun ass Franséisch. Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch sinn déi dräi administrativ a Geriichtssproochen.

D'Sproochen, déi vun auslännesche Matbierger gesschat ginn, virun allem Portugisesch an Englesch, huelen u Bedeitung zou.

De Schoulssystem ass och méisproocheg, hei gi Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch benotzt. Däitsch ass d'Haaptprooch an der Grondschoul an an den ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire; an den ieweschte Klasse vum Enseignement secondaire ginn déi meescht Fächer op Franséisch enseignéiert. D'Méisproochegkeet vum Lëtzebuerger Schoulssystem ass ee vun de groussen Virdeeler fir d'Jugend, an enger Welt ouni Grenzen, ma et ass och eng Erausforderung fir déi vill Schüler, déi ganz aner Mammesproochen hunn.

Déi öffentlech Schoul bitt och international Klassen un, virun allem an den Unterrichtssproochen Englesch a Franséisch.

[An der Grondschoul](#)

Am Zykel 1 (Kanner vun 3 bis 5 Joer) gëtt besonnesche Wäert op d'Lëtzebuerger Sprooch geluecht, d'Kommunikatiounssprooch an deem Zykel. Nodeems e Programm fir déi méisproocheg Erziéung an de Crèche lancéiert gouf an och fir d'Kohärenz an d'Kontinuitéit ze garantéieren, gëtt am Zykel 1 vun der Grondschoul zënter der Rentrée 2017/2018 Franséisch geléiert. D'Aféierung an déi franséisch Sprooch gehéiert offiziell zu den Aufgaben vum Zykel 1.

Duerno, an den Zyklen 2 bis 4 (Kanner vu 6 bis 11 Joer), ass Däitsch d'Hauptunterrichtssprooch: d'Alphabetiséierung geschitt an däitscher Sprooch an all d'Fächer, mat Ausnam vum Franséischen, ginn an däitscher Sprooch enseignéiert.

Den Unterricht fir dat mëndlecht Franséisch fänkt am Zykel 2 un. Vum Zykel 3.1 u steet och dat schrëftlecht Franséisch um Programm.

[Am Enseignement secondaire classique \(vun 12 Joer un; Klasse 7^e ESC bis 1^{re} ESC\)](#)

Bis 5^e ESC (3. Joer vum Enseignement secondaire classique) ass d'Unterrichtssprooch an alle Klassen Däitsch, ausser fir d'Fächer Franséisch a Mathematik.

Englesch gëtt vu 6^e ESC moderne resp. 5^e ESC latine un enseignéiert.

Vu 4^e ESC un (4. Joer vum Enseignement secondaire classique) ginn d'Fächer all op Franséisch enseignéiert, ausser Däitsch an Englesch, wou d'Zilsprooch och Unterrichtssprooch ass.

Vun 3^e ESC un (5. Joer vum Enseignement secondaire classique), kënnen d'Schüler eng véiert Sprooch derbäihuelen: Italieneesch, Spuenesch oder Portugisesch.

[Am Enseignement secondaire général \(vun 12 Joer un; Klasse 7^e ESG bis 1^{re} ESG\)](#)

An den ënneschte Klassen ass d'Unterrichtssprooch Däitsch, ausser an der Mathematik, déi op Franséisch enseignéiert gëtt. Englesch steet vun der 6^e ESG un um Programm.

An den ieweschte Klassen ass d'Unterrichtssprooch am Allgemengen Däitsch, et gi just e puer Fächer, déi op Franséisch enseignéiert ginn. Vun der 4^e ESG u ginn et Klasse mat spezieller Sproocheregelung (classes à régime linguistique spécifique), wou d'Unterrichtssprooch Franséisch ass.

Am Enseignement secondaire classique a secondaire général gëtt et Klasse mat enger [spezifischer Sproochenoffer](#), jee nom Besoin vum Schüler.

Bannent der Europäescher Unioun ass Lëtzebuerg dat Land, wou déi meeschte Schüler doheem eng aner Sprooch schwätze wéi d'Unterrichtssprooch an der Schoul, wou déi meescht Friemsproochen enseignéiert ginn an et déi meescht Schoulstonne gëtt, déi sech mat Friemsproochen befaassen (Quell: Eurydice & Eurostat, 2012. [Key Data on Teaching Languages at School in Europe 2012 \(Pdf, 5591 KB\)](#)). D'Léiere vu Friemsproochen spillt eng wichteg Roll souwuel an der regulärer Schoul wéi an der Erwuessenebildung.

IV. Museksunterrecht

Musek ass e wichtege kulturellen Träger an dréit zur Entwécklung vum Kand bäi. Den Intressi fir d'Musek am Allgemenge fërderen, déi verschidden Instrumenter entdecken an erkenne kënnen, sech mat Gesang, Theater an Danz ausdrécken, dat alles gehéiert zur Bildung an dem Allgemengwëssen.

Zu den Aufgabeberäicher vum Ministère gehéiert de Museksunterrecht zesumme mat der Entwécklung vun der Offer an der pädagogescher Koordination vum Museksunterrecht an de Schoulen, de Bildungs- a Betreuungsstrukturen an de Museksschoulen.

Museksunterrecht an der Schoul

An der Grondschoul gehéiert d'musikalesch Bildung zum Léierplang am Kader vun der Aféierung an d'Ästhetik, d'Kreatioun an d'Kulturen, d'Konscht an d'Musek, mat spezifeschem didakteschem Material. A ville Gemenge gëtt et Projekte vu Kooperatiounen tëscht Grondschoul- a Museksunterrecht.

Am Lycée gëtt et op 7^e e Cours an der Musek an am Enseignement secondaire classique eng speziell Musekssektioun. Verschidde Lycéeën bidden och Optiounscoursen an esouguer Museksstonnen an den ënneschte Klassen un.

D'Musek gëtt och als Mëttel betruecht, mat deem een d'Léieren an anere Fächer kann ënnerstëtzen. Esou gi Lidder a Kannerreimer dacks am Sproochenunterrecht agesat.

Duerch punktuell Initiativen a partizipativ Projeten (Hip Hop Marathon, Be à He(a)ro asw.) entdecken d'Kanner an déi Jonk dat aktiivt Musizéieren an d'Kulturzeen zu Lëtzebuerg, woubäi gläichzäiteg d'Teamaarbecht gefërdert gëtt.

Museksunterrecht an de Gemengen

De Museksunterrecht gëtt op kommunalem Plang organiséiert; ronn 17.000 Schüler vu véier Joer u sinn am Museksunterrecht ageschriwwen. D'Coursë kënnen an de Conservatoiren, an de Museksschoulen an an de lokalen Musekcoursen gehale ginn.

De Museksunterrecht verfollegt dräi Ziler:

- deene Jonken e Goût fir d'Musek an d'Kenntnis vun der Musek nobréngen, béides entwéckelen a fleegen, fir datt si aktiv um musikalesche Liewe kënnen deelhuele;
- deene Jonken eng Fachausbildung / speziell Ausbildung an de verschiddene Museksdisziplinne garantéieren, fir datt si spéider Musek studéiere kënnen, zum Beispill op enger Universitéit oder Fachhéichschoul
- den Erwuessenen Aus- a Weiterbildungscoursen ubidden.

Parcours vum Schüler

Am Kader vum Museksunterrecht maache vill Kanner vu véier, fënnef Joer u bei der **musikalescher Fréierzéiung** mat. Dësen Unterrecht geet iwwer maximal dräi Joer a soll de Kanner de Goût fir d'Musek an d'Freed, sech mat Musek auszudrécken, vermëttelen, entwéckelen a fleegen. D'Kand léiert, zur Musek ze schwätzen, ze sangen, sech ze beweegen, ze danzen. Et entwéckelt säi musikalescht Gehéier an entdeckt déi verschidde Museksinstrumenter.

D'Beschäftegung mat der Musek an dësem Alter dréit vill zur allgemenger Entwécklung bäi, zur Bildung vun intellektuellen a manuelle Fäegkeeten an zur Entwécklung vun der Perséinlechkeet vum Kand.

D'musikalesch Fréierzéiung bereet och op d'Léiere vun engem Instrument vir.

D' Zil vun der **allgemenger Museksausbildung** iwwer véier Joer an den ënneschte Klassen ass et:

- de Goût, d'Freed an den Intressi un der Musek ze entwéckelen;
- fir Grondlagen an der Musek ze suergen an
- déi instrumental a vokal Studien ze begleeden.

Äert Kand entwéckelt seng stëmmlech Fäegkeeten, säi musikalescht Gehéier, säin aktiivt musikalescht Gediechtnes. Et entdeckt d'Büenopféierungen. Et gëtt encouragéiert, musikalesch Stécker ze realiséieren an ze interpretéieren, andeems et seng Kreativitéit, seng Phantasie, seng Emotiounen a säi Sënn fir Improvisatiounen abréngt.

Dës musikalesch Bildung ass obligatoresch bis zum Certificat, datt een déi ënnescht Klassen ofgeschloss huet (*certificat de la division inférieure*), wann ee mat den Instrumental- oder Gesangscoursë wëll weidermaachen.

De Museksunterricht ka sech, wa gewënscht, iwwer de mëttelsten Niveau (*division moyenne*) de spezialiséierte mëttelsten Niveau (*division moyenne spécialisée*) an den ieweschten Niveau (*division supérieure*) fortsetzen.

Ausser der musikalescher Fréierzéiung an allgemenger Museksausbildung ëmfaasst de Museksunterricht:

- Musikstheorie a Kompositioun
- Instrumentalbildung
 - Kammermusik
 - Vum Blatspill
 - Clavier Praxis
- Stëmmtraining
- Chouerdirektioun an Orchesterdirektioun
- Jazz
- Spriechkonscht a Schauspillausbildung (*diction et art dramatique*)
- Danz an allgemeng Museksausbildung fir Dänzer
- Erwuessenenausbildung

[Hei fannt Dir all d'Informatiounen am Detail](#)

V. Auslännesch Schüler zu Lëtzebuerg

Zënter engem Joerhonnert spillt d'Immigratioun eng wichteg Roll an der Entwécklung vun der Lëtzebuurger Wirtschaft. En immens héije Prozentsaz vun der Lëtzebuurger Bevëlkerung besteet aus auslännesche Matbierger: Den 1. Januar 2017 hate 47,7 % vun der Bevëlkerung net déi Lëtzebuurger Nationalitéit.

Déi offiziell Sproochen zu Lëtzebuerg si Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch; de Grond heifir ass d'geografesch Lag vum Land tëscht dem däitschen a franséische Sproochgebitt an deem domat verbonnenen intensiven Austausch mat den Nopeschlänner. D'Kommunikatiounssprooch vun de Lëtzebuurger ass Lëtzebuergesch; Haaptkommunikatiounssprooch tëscht de Lëtzebuurger an den auslännesche Matbierger ass Franséisch.

De [Sproochenunterricht](#) hält eng zentral Plaz am lëtzebuergesche Bildungssystem an.

Zu Lëtzebuerg sinn d'Kanner vu véier bis siechzéng Joer **schoufflichteg**. D'Kanner ginn all zwielef Joer laang an d'Schoul, d'éischt an d'Grondschoul, dann an de Lycée. **Jiddwer Kand am schoufflichtegen Alter muss an enger Schoul ageschriwwen sinn, onofhängeg vum Status vun den Elteren.** All Kand muss ugeholl ginn an der Schoul, onofhängeg vu senger Rass, sengem Geschlecht, senger Sprooch oder senger Relioun.

Déi grouss Majoritéit vun de Kanner a Jugendleche besicht eng ëffentlech Schoul. Et gi Privatschoulen, déi entweder dee selwechte Programm enseignéiere wéi déi ëffentlech Schoulen oder awer sproochlech oder pedagogesch Varianten ubidden.

E Kand an enger Schoul aschreiwen

Jee nodeems, wéi al se sinn, ginn d'Kanner, déi nei op Lëtzebuerg koumen, an d'Grondschoul oder de Lycée. D'Eltere kënnen hir Kanner och, wann se dat wëllen, an enger internationaler oder privater Schoul aschreiwen.

Grondschoul

D'Kanner gi bei deem fir de Schoulunterricht zoustännege Service oder dem Sekretariat vun där Gemeng, wou d'Kand wunnt, ageschriwwen.

- **Kanner vun 3 Joer: Zykel 1 – Éducation précoce** (fakultativ)
- **Kanner vu 4 bis 5 Joer: Zykel 1**
- **Kanner vu 6 bis 11 Joer: Zyklen 2 bis 4**

D'Gemeng hält déi perséinlech Date vum Schüler, deem nei an d'Land kouw, op a gëtt se un de regionalen Direkter, de President vum Schoulcomité an de Responsable vun de Cours d'accueil weider.

Zënter September 2016 bitt d'[École internationale de Differdange et d'Esch-sur-Alzette](#) (EIDE) franséisch-, däitsch- an engleschsproocheg Coursen un, vun der Grondschoul bis zum Europäesche Bac. D'EIDE ass eng ëffentlech Schoul an domat op fir jiddwereen. D'[International School Michel Lucius](#) bitt engleschsproocheg Klasse fir Grondschüler un.

Enseignement secondaire classique an Enseignement secondaire général

Fir d'Aschreiwung an d'Orientéierung vun de Jugendleche vun zwielef Joer un, déi nei an d'Land koumen, ass d'**Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants** (CASNA) zoustänneg. Fir d'Klass an den Niveau ze bestëmmen, déi de Kompetenze vum Schüler entspriechen, evaluéiert d'CASNA säi Schoulwëssen a seng Sproochkenntnesser. Fir den éischte Rendez-vous bei der CASNA mussen dës Dokumenter matbruecht ginn:

- Carte d'identité oder Pass
- Sécurité-sociales-Käertchen
- Zensure vun de leschten zwee Schouljoeren
- wa méiglech eng Kopie vum Certificat de résidence (ze kréie bei der Gemeng) oder eng Bestätegung, datt een eng Demande op internationale Schutz agereecht huet.

[Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants \(CASNA\)](#)

International a privat Schoulen

Verschieden international a privat Schoule bidde weider Schoulméiglechkeeten un, zum Beispill:

- [École et Lycée français de Luxembourg](#)
- [École Charlemagne](#)
- [International School of Luxembourg](#)
- [St George's International School](#)
- [École européenne Luxembourg I](#)
- [École européenne Luxembourg II](#)
- [Waldorfschoul](#)

Auslännech Kanner an der Grondschoul

Kanner vu véier bis fënnf Joer, déi nei an d'Land koumen, ginn an den Zykel 1 integréiert, wou se Lëtzebuergesch léieren. Kanner tëscht sechs an eelef Joer ginn an eng Reegelklass integréiert (Zyklen 2 bis 4), jee no Alter, Schoulbildung (heifir zielen d'Zensure vum Ursprongsland) a Resultater vun den Evaluatiounstester an der Mathematik an an hirer Mammesprooch. Hei léieren si Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch a ginn an de Cours d'accueil.

Cours d'accueil

D'Gemenge bidde Cours d'appui (bei schoulesche Schwierigkeeten) a Cours d'accueil (fir Kanner, déi nei an d'Land kommen) un. D'Sprooch, an där de Cours d'accueil enseignéiert gëtt, esou wéi d'Reiefolleg, an där d'Kand an deem Cours déi verschidde Sproochen léiert, hänke vu verschiddene Facteuren of: dem Alter vum Kand bei senger Arrivée, de jeeweilege Sproochkenntnesser, de Sproochen, déi d'Eltere schwätzen, an de Rapport vun der Mammesprooch zur 1. Sprooch, déi d'Kand léiert.

Ufanks beschränkt den Unterricht sech op eng Sprooch (Franséisch oder Däitsch). Prinzipiell gëtt fir d'éischt déi Sprooch enseignéiert, déi der Mammesprooch vum Kand am noosten ass. Sou kann d'Kand sou séier wéi méiglech mat sengem Ëmfeld kommunizéieren.

Spéiderhi kréien d'Kanner ënner zéng Joer intensiv Sproochecoursen an enger zweeter Friemsprooch. Sou kann d'Kand am Unterricht an der Reegelklass nokommen. Fir Kanner, déi bei der Arrivée méi wéi

zéng Joer hunn, ass et schwéier, sech vum Cycle 4 un déi néideg Däitsch a Franséischkenntnesser unzëeegnen; de Schwéierpunkt gëtt bei hinnen op d'Franséisch geluecht.

Cours intégrés en langue portugaise

Intégréiert Coursé si Coursen an der portugisescher Mammesprooch an Deel vum Stonneplang.

Dës Coursen erméigleche Kanner aus portugiseschsproochege Famillen e bessert Verständnes an de Fächer Éveil et sciences. Zil ass, de Kontakt mat der Kultur vun hirem Land oprechtzeerhalen an hir Portugiseschkenntnesser ze festegen. Naturwëssenschaften, Geschicht a Geografie ginn zweemol an der Woch op Portugisesch ënnerriicht an entsprechen dem offizielle Léierplang.

Et ginn och parallel Coursen, déi baussent de reguläre Schoulstonne stattfannen. Dës gi vum Service de l'enseignement du portugais vun der portugisescher Ambassade organiséiert.

Projet « Assistant fir Portugisesch am Zykel 1 »

Am Kader vum Kulturofkommes tëscht Lëtzebuerg a Portugal leeft de Projet „Assistant fir Portugisesch am Zykel 1“ (*assistant de langue portugaise au cycle 1*) an néng lëtzebuergesche Schoulen. De Projet ass op eng kommunikativ Methodik opgebaut a berücksichtigt déi jeeweileg Sproochkenntnesser vun de Kanner. Zil ass, souwuel d'Mammesprooch wéi och d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen. Vun 2015 bis 2017 gouf de Projet vun der Universitéit Lëtzebuerg begleet (*Institut de recherche sur le multilinguisme*).

Interkulturell Bildung a Sproochesensibiliséierung

Fir d'Kontakter an den Dialog ze fërderen, bitt den [Zenter IKL \(Interkulturell\)](#) pedagogesch Projeten un.

Dem Léierpersonal gëtt recommandéiert, Aktivitéite fir d'Sproochesensibiliséierung fir all d'Kanner an enger Klass ze organiséieren. Heibäi kënnen se d'Broschür [Ouverture aux langues à l'école](#) zu Rot zéien.

Zil vun den Aktivitéiten ass,

- de Virwëtz vun de Kanner ze stëppelen, andeems een se op Änlechkeeten an Ënnerscheeder tëscht de Sproochen opmierksam mécht
- hir Fäegkeeten, Sproochen ze analyséieren an driwwer nozedenken, ze fërderen
- d'Kanner ze motivéieren, Sproochen ze léieren
- eng positiv Haltung vis-à-vis vun der sproochlecher a kultureller Diversitéit bei de Kanner ze erreechen.

De [Projet „Sac d'histoires“](#) (Sak voller Geschichten) soll d'Liesen an déi gemeinsam Aktivitéiten ëm d'Bicher an d'Geschichte bannent der Famill fërderen. De „Sak voller Geschichten“ gëtt an der Schoul „gefëllt“ an d'Kanner huelen en da mat heem. Am Sak ass e Kannerbuch mat enger Iwwersetzung an der jeeweileger Mammesprooch, en Audio-CD, op där d'Geschicht an deene Sproochen virgelies gëtt, déi an der Klass am heefegste sinn, an e puer Erklärungen fir d'Elteren.

Auslännech Schüler am Enseignement secondaire classique an am Enseignement secondaire général

Jee no de Sproochkenntnesser an dem Alter vun de Schüler, wann se op Lëtzebuerg kommen, stinn hinne verschidde Méiglechkeeten op.

Enseignement secondaire classique

Am Lëtzebuerger Schoulsystem ass den Zougang zum Enseignement secondaire classique am Prinzip fir déi Schüler reservéiert, déi ganz gutt Kenntnesser an der Mathematik, am Däitschen an am Franséischen hunn. Fir Schüler mat enger gudder schoulescher Bildung, déi dës Sproochen awer net beherrschen, gëtt et aner Méiglechkeeten.

ALLET-Klassen (Däitsch als Friemsprooch) fir déi ënnescht Klassen (7^e ESC – 5^e ESC)

ALLET-Klassen huele Schüler op, déi d'Grondschoul mat gudde Kenntnesser am Franséischen an an der Mathematik ofgeschloss hunn, awer net esou gutt sinn am Däitschen. Hei gëtt Däitsch verstärkt enseignéiert, mam Zil, datt de Schüler op 4^e ESC an eng normal Klass wiessele kann.

- Dës Klasse ginn ugebueden am [Lycée de Garçons Luxembourg](#), [Lycée Josy Barthel Mamer](#), [Lycée des Arts et Métiers](#), [Lycée technique de Bonnevoie](#), [Nordstad Lycée](#), [Lycée Hubert Clément Esch/Alzette](#), [Lycée classique d'Echternach](#), [École privée Fieldgen](#).
- Schüler, déi déi lëtzebuergesch Grondschoul ofgeschloss hunn, kënnen sech direkt am Lycée aschreiwen.
- Déi aner Schüler kënnen sech iwwer de CASNA aschreiwen.

„Français Plus“-Klassen (7^e ESC – 5^e ESC)

Dës Klassen huele Schüler op, déi d'Grondschoul mat gudde Kenntnesser am Däitschen an an der Mathematik ofgeschloss hunn, awer net esou gutt sinn am Franséischen. Hei gëtt Franséisch verstärkt enseignéiert, mam Zil, datt de Schüler op 4^e ESC an eng normal Klass wiessele kann.

- Dës Klasse ginn ugebueden am [Lycée technique de Bonnevoie](#), [Lycée classique de Diekirch](#), [Nordstad Lycée](#), [Lycée classique d'Echternach](#), [Maacher Lycée](#).
- Schüler, déi déi lëtzebuergesch Grondschoul ofgeschloss hunn, kënnen sech direkt am Lycée aschreiwen.
- Déi aner Schüler kënnen sech iwwer de CASNA aschreiwen.

LVF: Klasse mat Franséisch als Unterrichtssprooch am Secondaire classique – LVF (7^e ESC – 5^e ESC)

Am Géigesaz zu den normalen ënneschte Lycéesklassen, wou déi meescht Fächer op Däitsch enseignéiert ginn, leeft an den LVF-Klassen den Unterricht op Franséisch of. Den Niveau, deem am Däitsche verlaangt gëtt, ass dee vun engem Schüler, deem d'Lëtzebuerger Grondschoul ofgeschloss huet. Den Däitschunterricht entsprécht dem Niveau vun de reguläre Lycéesklassen.

Dës Offer adresséiert sech u Schüler, déi aus der Lëtzebuerger Grondschoul kommen, awer léiwer en Unterricht op Franséisch hunn.

Vun der 4^e ESC u geet de Schüler erëm an eng regulär Klass, wou d'Fächer – ausser de Sproochen – souwisou op Franséisch enseignéiert ginn.

- LVF-Klasse ginn ugebueden am [Lycée de Bel-Val](#), [Lycée technique Mathias-Adam](#), [Lycée classique de Diekirch](#).
- Direkt Anschreiwung am Lycée

Schrëttweis Integratioun am Lycée Aline Mayrisch fir déi Zwielf- bis Siechzéngjäreg

Zënter September 2015 offrëiert de Lycée Aline Mayrisch Schüler tëscht zwielef a siechzéng Joer, déi d'Grondschoul oder och Secondairesklassen am Ausland besicht hunn, eng schrëttweis Integratioun an de Lëtzebuerger Enseignement secondaire.

Pedagogesche Schwéierpunkt ass hei déi individuell Betreung vum Schüler beim Léiere resp. dem Perfectionnement am Lëtzebuergeschen, Däitschen, Franséischen an/oder Engleschen, déi och Unterrichtssprooch sinn.

D'Zil ass, datt déi jonk Leit spéider déi „normal“ Klasse vum Lëtzebuerger Enseignement secondaire classique kënnen besichen a vun der Méisproochegkeet vun dësem System kënnen profitéieren.

- Direkt Anschreiwung am Lycée:
- [Admission d'élèves à contexte scolaire international](#)
- [Admission for students from international school settings](#)
- [Aufnahme von Jugendlichen mit internationaler Schulkarriere](#)

Internationale Bac

Den IB-Diplom ass en Ofschloss vum classesche Secondaire, deen an 3500 Lycéeën an 143 Länner ugebuede gëtt. Den Diplom, deen am Lycée technique du Centre an am Athénée de Luxembourg ugebuede gëtt, ass zu Lëtzebuerg gesetzlech unerkannt a gläichgestallt mam Diplôme de fin d'études secondaires. Den IB adresséiert sech u jonk Leit, déi nei an d'Land koumen, souwéi u Schüler, déi en englesch- oder franséischsproocheg Secondaire gewielt hunn an an der Lag sinn, un engem Enseignement secondaire op héijem Niveau deelzehuelen. Déi schrëftlech Ofschlossexamen, déi no der leschter Klass mussen absolviéiert ginn, ënnerleien zum gréissten Deel enger externer Evaluatioun, déi sech op e weltwäit Netz vun 9000 ausgebildete Préifer stäipt.

- Direkt Anschreiwung am betreffende Lycée:
- [Internationale Baccalauréat op Franséisch am Lycée technique du Centre](#)
- [Internationale Baccalauréat op Englesch am Athénée de Luxembourg](#)

Klasse mat Englesch als Unterrichtssprooch am Lycée Michel Lucius

All d'Coursë ginn op Englesch gehalen; d'Schüler wíelen Franséisch an/oder Däitsch als zweet an/oder drëtt Sprooch. D'Klasse bereeden op dës Diplomer an Zertifizéierung vir:

- International General Certificate of Secondary Education (IGCSE) mat 16 Joer
- Advanced Subsidiary level (AS-level)
- Advanced level (A-level) mat 18 Joer

Den internationale GCSE, deen aus dem britesche Schoulsystem kënnt, erlaabt et de Schüler, den Enseignement secondaire bis zum „AS-level“ an „A-level“ fortzusetzen. Den IGCSE zertifiziert dem Schüler en Niveau, dee vergläichbar ass mat enger ofgeschlossener 3^e ESC oder enger 3^e ESG am reguläre Lëtzebuerger Schoulsystem.

Den A-level gëtt a méi wéi 125 Länner weltwäit ugebueden an zertifiziert, datt de Schüler den Enseignement secondaire respektiv seng preuniversitär Ausbildung mat Erfolleg ofgeschloss huet.

- Direkt Anschreiwung am [Lycée Michel Lucius](#).

École internationale de Differdange et d'Esch-sur-Alzette (EIDE)

Dës Schoul huet hir Dieren am September 2016 opgemaach a bitt eng franséisch-, englesch- an däitschsproocheg Sektoun u vun der Grondschoul bis zum Baccalauréat européen. De Programm ass dee vun den europäesche Schoulen, woubäi et sech bei der EIDE ëm eng ëffentlech Schoul handelt, déi fir jiddereen zougänglech ass. D'EIDE bitt och Classes d'accueil u fir Schüler, déi nei an d'Land koumen a Franséisch, Englesch, Däitsch oder Portugisesch kënnen, a Klasse vun der berufsvorbereedender Stuf (voie de préparation), wéi de Programm vum Lëtzebuerger Enseignement secondaire technique dat virgesäit.

- Direkt Anschreiwung am [EIDE](#).

Enseignement secondaire général

Klasse fir Schüler vun zwielef bis fofzéng Joer, déi nei an d'Land koumen

Schüler, déi nei an d'Land koumen a weder Däitsch nach Franséisch kënnen, kommen an eng **Classe d'accueil**. Do kréien si Intensivunterricht am Franséischen an Aféierungscoursen an d'Lëtzebuergerescht. De Klasserot evaluéiert d'Kenntnesser vum Schüler an decidéiert, wéini hien an déi Klass integréiert gëtt, déi senger Sproochkompetenzen a senger allgemenger Schoulbildung am beschten entsprécht. Ronn 20 Lycéeën bidden dës Klassen un.

Eng **Classe d'insertion** ass eng ënnescht Klasse (7^e ESG, 6^e ESG, 5^e ESG) vum Enseignement secondaire général fir déi Schüler, déi e ganz gudden schouleschen Niveau an hirem Ursprungsland erreecht hunn, ma déi Sproochen, déi zu Lëtzebuerg an der Schoul um Programm stinn, wéineg oder guer net beherrschen. Si ginn do a franséisch oder däitsch Intensivcoursen (jee no Wëssensstand an der jeeweileger Sprooch). Och déi aner Fächer, déi um Programm vun den ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire général stinn, ginn enseignéiert.

Fir an eng Classe d'insertion opgehol ze ginn, muss de Schüler eng Opnamprüfung gepackt hunn.

- Franséisch Classes d'insertion (franséisch Intensivcoursen): [Lycée technique du Centre](#), [Lycée des Arts et Métiers](#), [Lycée technique Mathias Adam](#)
- Däitsch Classes d'insertion (däitsch Intensivcoursen): [Lycée technique du Centre](#), [Lycée technique Esch-sur-Alzette](#)
- Anschreiwung beim CASNA

Klasse mat Franséisch als Unterrichtssprooch (7^e ESG, 6^e ESG, 5^e ESG)

Während déi meescht Fächer an den ënneschte Klasse vum Lycée op Däitsch enseignéiert ginn, ass d'Unterrichtssprooch an den LVF-Klassen (langue véhiculaire française) Franséisch. De gefuerderten

Niveau am Däitschen orientéiert sech un den Däitschkenntnesser vun engem Schüler, deem déi lëtzebuergesch Grondschoul besicht huet. Den Däitschunterricht entsprécht deem vun de reguläre Klassen.

Dës Offer riicht sech u Schüler aus der Lëtzebuurger Grondschoul, déi en Unterricht a franséischer Sprooch virzéien.

Vun der 4^e ESG u besicht de Schüler dann eng regulär Klass oder eng Klass mat enger spezieller Sproochereegelung (RLS – classe à régime linguistique spécifique, cf. méi wäit ënnen).

- LVF-Klasse ginn et am [Lycée Bel-Val](#), [Lycée classique de Diekirch](#), [Lycée technique Mathias Adam](#).
- Direkt Anschreiwung am Lycée

CLIIA Klasse

D'Classes d'accueil fir jonk Erwuessener (CLIIA fir déi 16-Järeg a CLIIA+ fir déi 17- bis 24-Järeg) sinn Accueilklassen fir jonk Erwuessener, déi nei an d'Land koumen. Hei kréien si eng Basisausbildung op Franséisch, déi si op den Enseignement secondaire général oder déi sozial a wirtschaftlech Autonomie virbereet.

D'Klassen **9⁺ insertion** bidden eng flexibel a personaliséiert Formatioun fir jonk Erwuessener un, déi nei am Land sinn (vun 18 Joer un, ouni Altersbegrenzung) an Englesch kënnen souwéi dat laténgesch Alphabet beherrschen, awer net déi néideg Kompetenzen an de Sproochen an an der Mathematik hunn, fir an de reguläre System vun de qualifizéierenden Ausbildunge kënnen integréiert ze ginn. Franséisch gëtt hei an Intensivkursen enseignéiert. Dës Klasse gi jee no Bedarf op verschiddene Plazen ugebueden (kuckt ënner Erwuessenebildung > [Zweete Bildungswee](#)).

- Anschreiwung beim CASNA

Klasse mat enger spezieller Sproochereegelung fir Schüler vu fofzéng Joer un, déi Franséisch kënnen

An den ieweschte Klasse vum Enseignement secondaire général (Schüler vu fofzéng Joer un), ginn et Klasse mat enger spezieller Sproochereegelung (RLS) fir déi Schüler, déi keen oder just wéineg Däitsch kënnen. D'Fächer ginn op Franséisch enseignéiert. A verschiddene Klasse gëtt Däitsch als Friemsprooch enseignéiert. De Programm vun deenen anere Fächer entsprécht deem vun de reguläre Klassen.

An den ieweschte Klasse vum Enseignement secondaire général gi Berufsausbildungen a franséischer Sprooch op ënnerschiddlechen Niveauen ugebueden.

- Diplôme de fin d'études secondaires
- Diplôme de technicien (DT)
- Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP)
- Certificat de capacité professionnelle (CCP)
- Eng Lëscht vun de Lycéeën an de Formatiounen, déi si ubidden, fënnt een am Depliant [Classes RLS](#).
- Anschreiwung direkt am Lycée, deem déi gewënschten Ausbildung ubitt.

Virberufflech Ausbildung fir déi Siechzeng- bis Zwanzegjäreg

Déi national Zentre fir berufflech Weiterbildung (CNFPC) zu Ettelbréck an Esch-Uelzecht organiséieren Orientéierungscoursen a berufflech Aféierungscoursen (COIP) souwéi a verschiddene Beräicher eng „Betriebsausbildung“, déi op de Certificat de capacité professionnelle (CCP) virbereet.

Dës Ausbildung riicht sech u Jonker vu siechzeng bis zwanzeg Joer, déi dat laténgescht Alphabet kennen an eng [CCP- oder DAP](#)-Beruffsausbildung wëlle maachen.

- Aschreiwung bei den CNFPC

Interkulturell Mediateuren

Elteren, Léierpersonal a schoulesch Autoritéite kënnen gratis d'Ënnerstëtzung vun engem interkulturelle Mediateur ufroe fir d'Sproochen Albanesch, Arabesch, Bosnesch/Kroatesch/Monteneegresch/Serbesch, Bulgaresch, Chineesesch, Filipino, Hollännesch, Italieenesch, kapverdescht Kreol, Koreanesch, Persesch, Polnesch, Portugisesch, Rumänesch, Russesch, Slowakesch, Spuenesch, Tschechesch, Türkesch, Ukrainesch, Ungaresch, Vietnameesesch a Wolof/Mankanjesch (aner Sproochen op Ufro).

D'Mediateuren hëllefen den auslännesche Schüler an hiren Eltere beim éischte Gespréich fir eng Aschreiwung, si iwwersetzen d'Informatiounen iwwer déi Schoulen, déi de Schüler a senger Heemecht gemaach huet, si sinn zoustänneg fir mëndlech Iwwersetzungen, z. B. bei Gespréicher tëscht den Elteren an den Enseignanten, si bidde punktuell oder reegelméisseg Hëllef an der Klass asw. Am Allgemengen erliichteren si d'Kommunikatioun an dat géigesäitegt Verständnes tëscht de Famillen an dem Schüler op där enger Säit an de schouleschen Akteuren op där anerer Säit.

D'Ënnerstëtzung vun engem interkulturelle Mediateur kann online iwwer dës [Formular](#) ugefrot ginn.

Weider Informatiounen kënnt Dir per Telefon, Fax oder E-Mail ufroen: Tel. (+352) 247-85909; Fax: (+352) 247-85140, mediateurs@men.lu

V. Schüler mat besonneschem Förderbedarf

All Kand, egal, wéi eng spezifesch Besoinen oder Particularitéiten et huet, huet e Recht drop, a senger perséinlecher Entwécklung ënnerstëtzt ze ginn am Hëlleck op eng maximal Autonomie a Partizipatioun a seng Integratioun an d'Gesellschaft.

Schüler mat besonneschem oder spezifischem schoulesche Förderbedarf si Schüler, deenen hir Betreuung mat deene Mëttelen, déi dem Enseignant normalerweis zur Verfügung stinn, net kann assuréiert ginn. Dës spezifesch Besoine kënnen ze dinn hu mat der Motorik vum Kand, mat visuellen oder sproochleche Problemer oder Problemer mam Gehéier, der kognitiver Entwécklung, dem Verhalten asw. Kanner mat spezifischem Förderbedarf an de „reguläre“ Schoulsystem ze integréieren, wou ëmmer et méiglech a vun den Eltere gewënscht ass, ass ee vun de Prinzipie vun der Lëtzebuerger Schoul a gëtt zënter 1994 am Gesetz festgehalen. Lëtzebuerg huet en héijen Integratiounstaux: Manner wéi 1 % vun de Schoulkanner besichen eng Fërderschoul.

Eng Betreuung op dräi Niveauen

Fir déi Kanner, déi opgrond vun hire mentalen, emotionalen, sensoreschen oder motoresche Particularitéiten net an eng regulär Schoul kënnen goen, gesäit d'Gesetz Ënnerstëtzung op dräi Niveaue vir:

- op **lokalem Plang**, an de Schoulen: speziell ausgebildeten Enseignanten, Inklusiounsmoossnamen
- op **regionalem Plang**, an de Grondschouldirektiounen: Ekippe fir d'Ënnerstëtzung vu Kanner mat besonneschem Förderbedarf oder spezifesch Besoinen, Inklusiounskommissiounen
- op **nationalem Plang**: an enger Schoul oder engem spezialiséierten Zentrum.

D'Decisioun, wéi eng Aart Schoul a Betreuung de Schüler soll kréien, läit bei den Elteren.

Fir d'Betreiung vu Kanner a Schüler mat spezifesch Besoine resp. Förderbedarf schaffen d'Servicer fir d'Förderung vun de Kanner mat de Bildungs- a Betreuungsstrukturen (Maison relais ...) zesummen.

Op lokalem Plang

Fir datt all Kand sou wäit wéi méiglech um regulären Unterricht kann deelhuele resp. eng gréisstméiglech Inklusioun stattfënnt, ginn an all Schoul eng Rei spezifesch Betreuingsmoossnamen ugebueden:

An der Grondschoul

Speziell ausgebildeten Enseignanten

150 Enseignanten, déi speziell fir d'Betreiung vu Kanner mat Förderbedarf ausgebild sinn, ginn iwwer véier Joer rekrutéiert. Si ginn de Schoulen zougedeeelt a betreie Schüler mat spezifesch Besoine resp. Förderbedarf an ënnerstëtzen si am Unterricht. Si schaffen mat de Schoulmeeschteren a Léierinnen an der pedagogescher Ekippe zesummen a bilden de Lien tëscht den Elteren an der Inklusiounskommissioun (op regionalem Plang).

Inklusiounsméiglechkeeten an all Schoul

All Grondschoul muss am Kader vu sengem Schoulentwécklungsplang en eegent Inklusiounskonzept ausschaffen, fir de Schüler mat besonnesche Besoinen d'Méiglechkeet ze ginn, um regulären Unterricht deelzehuelen.

Am Lycée

Inklusiounsméiglechkeeten an all Lycée

Wéi d'Grondschoule müssen och d'Lycéeën am Kader vun hirem Schoulentwécklungsplang Inklusiounsméiglechkeete fir hir Schüler virgesinn.

D'Inklusiounskommissioun

An all Lycée definéiert a begleet eng Inklusiounskommissioun d'Betreiung vu Schüler mat spezifesch Besoinen. Si recommandéiert **sënnvoll Ënnerstützungsmoossnamen** (méi Zäit bei Prüfungen, technologesch Hëllef, mënschlech Ënnerstützung asw.) a proposéiert en individualiséierte **Bildungsplang**, wann de schoulesche Rhythmus de Schüler iwwerfordert. D'Kommissioun setzt sech zesummen aus engem Member vun der Direktioun, engem Psycholog aus dem Lycée, engem Assistant social, dem Schouldokter, zwee Enseignanten an engem Verrieder vun de psychopedagogesche Kompetenzzentren.

Op regionalem Plang

Op regionalem Plang sinn d'Direktiounen vun de Grondschoulen zoustänneg fir d'Betreiung vu Schüler mat spezifesch Besoinen, awer nëmmen an de Grondschoulen an de Bildungs- a Betreuungsstrukturen.

D'Grondschouldirektiounen

A jiddwenger vun de fofzëg Grondschouldirektiounen ass e **stellvertretenden Direkter** zoustänneg fir d'Organisatioun vun der Ekip zur Ënnerstützung vu Kanner mat besonnesche Besoinen (ESEB) an och fir de gudden Fonctionnement vun der Inklusiounskommissioun.

D'Ekippe fir d'Ënnerstützung vu Kanner mat besonnesche Besoinen (ESEB)

An all Grondschouldirektioun gëtt et eng Equipe fir d'Ënnerstützung vu Kanner mat besonnesche Besoinen (déi fréier Equipe multiprofessionnelle), déi d'Enseignante beréit an och eng ambulant Betreiung assuréiere kann. Dës ESEB ënnerstinn de Grondschouldirekteren a maachen eng **éischt Analys** an Zesummenaarbecht mat de betraffene Schoulmeeschteren a Léierinnen **an iwwerhuelen d'Betreiung vun de Schüler**, wann d'Schoul dës net selwer adäquat assuréiere kann. Duerno definéiert d'Inklusiounskommissioun (cf. hei ënnendrenner) d'Form vun der Betreiung; ëm d'Ëmsetzung këmmert sech dann erëm d'ESEB.

D'Inklusiounskommissiounen

An all Grondschouldirektioun gëtt et eng Inklusiounskommissioun (fréier schoulesch Inklusiounskommissioun – *Commission d'inclusion scolaire*). D'Aufgab vun den Inklusiounskommissiounen ass et, op Ufro vun den Elteren oder dem Léierpersonal respektiv engem Responsable vun der Maison relais – ënner der Bedingung, datt d'Elteren domat averstane sinn – déi fir d'Kand néideg Betreiung ze definéieren.

D'Interventioun ronderëm d'Kand gëtt an engem **personaliséierte Betreuungsplang** festgehalten, **deem d'Eltere mussen zoustëmmen**.

An der Inklusiounskommissioun sinn, jee no de Besoinen, Vertrieder vun der Grondschouldirektioun, de Servicer fir Erzéiung, Bildung a Betreierung, der ESEB, dem *Office national de l'enfance* an de psychopedagogesche Kompetenzzentren.

Op nationalem Plang: d'Kompetenzzentren

Wann d'Betreierung vun engem Kand mat spezifesch Besoinen op lokalem (Schoul, Lycée) a regionalem ([regional Grondschouldirektiounen](#)) Plang net déi gewënschte Resultater bréngt, kann een op déi **psychopedagogesch Kompetenzzentren** zeréckgräifen, déi op nationalem Plang intervenéieren. All Zenter ass an engem spezifesch Beräich spezialiséiert.

D'Eltere vu Kanner, déi nach net schoufflichteg sinn a fir déi et keng Betreierung op lokalem a regionalem Plang gëtt, kënnen sech direkt un e Kompetenzzentrum wenden.

D'[Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Schafung vu psychopedagogesche Kompetenzzentren am Hëlblick op déi schoulesch Inklusioun](#) definéiert d'Aufgabe vun den aacht Kompetenzzentren wéi och d'Prozeduren, déi mussen agehale ginn.

Dëst Gesetz schafft och eng **Agence pour la transition vers une vie autonome (ATVA)**, déi mat de Kompetenzzentren zesummeschafft, fir jonke Leit mat spezifesch Besoinen den Zougang zur Berufsausbildung an dem Aarbechtsmaart ze erliichteren.

D'Aufgabe vun de Kompetenzzentren

Déi aacht Kompetenzzentren hunn eng Rei gemeinsam Aufgaben; aner Aufgabe si spezifesch fir deen een oder anere Kompetenzzentrum (dës sinn op der Websäit vun all Zentrum opgefouert). Si betreffen

- d'Entwécklung vum Kand a vum Jugendlechen
- d'Informatioun an d'Begleedung vun den Elteren
- d'Betreierung an de Schoulen a Lycéeën
- d'wëssenschaftlech Fuerschung
- national an international Reseauen

D'Prozedur

Déi national Inklusiounskommissioun (CNI) proposéiert, op Basis vum Dossier an enger Fachdiagnos, d'Betreierung vun engem Kand oder engem Jugendleche mat spezifesch Besoinen duerch een oder méi Kompetenzzentren. Fir esou eng Betreierung ass d'Averständnes vun den Elteren oder dem groussjärege Schüler néideg.

Et ginn zwou Betreuungsméiglechkeeten: eng spezialiséiert ambulant Betreierung, bei där de Schüler vum Kompetenzzentrum betreit gëtt, awer eng regulär Klass an enger Grondschoul oder engem Lycée besicht oder awer de Schüler besicht eng spezialiséiert Klass am Kompetenzzentrum, entweder Vollzäit oder awer complémentaire zu de Stonnen an enger regulärer Klass.

A béide Fäll schafft de Kompetenzzentrum en individualiséierte Léierplang aus; wann et sech ëm eng ambulant Betreierung handelt, geschitt dëst an Zesummenaarbecht mat der jeeweileger Schoul oder dem Lycée.

D'Klasse vum Kompetenzzentrum kënnen an enger Schoul oder engem Lycée organiséiert ginn, fir a sougenannte Kohabitatiounsklassen d'Interaktiounen mat deenen anere Schüler ze encouragéieren. Si erlabe(n) eng Fachbetreue(n) duerch ausgebildete Personal an d'Abannung a gemeinsamen Aktivitéiten a Coursen.

Déi national Inklusiounskommissioun – CNI

Déi national Inklusiounskommissioun setzt sech zesummen aus Vertrieder vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, dem Gesondheetsministère an dem Ministère, dee fir Leit mat enger Behënnerung zustänneg ass. An der Commissioun sinn och Vertrieder vum Office national de l'enfance, de Kompetenzzentren, dem betreffenen Elterecomité, dann den Direkter vum betreffende Kompetenzzentrum, d'Mataarbechter vum Kompetenzzentrum senger Unitéit fir Diagnosen souwéi e Psycholog, en Assistant social, e Spezialist fir Kannerpsychiatrie oder Pädiatrie.

Wann et ëm Kanner aus der Grondschoul geet, ginn och déi Persounen, déi op lokalem a regionalem Plang implizéiert sinn, an d'Diskussiounen abezunn: de President vun der regionaler Inklusiounskommissioun, e Member vun der Equipe fir d'Ënnerstëtzung vu Kanner mat besonneschen Besoinen (ESEB), den Enseignant fir Kanner mat spezifischem Förderbedarf (I-EBS) vun der betreffender Schoul asw.

Wann et ëm Kanner aus dem Lycée geet, huelen de President vun der Inklusiounskommissioun vum Lycée an e Vertrieder vu sengem *Service psycho-social et d'accompagnement scolaires du lycée* (SePAS) un de Gespréicher deel.

Wie kann sech un eng national Inklusiounskommissioun wenden?

Déi national Inklusiounskommissioun kann erugezu gi vun

- enger Inklusiounskommissioun (enger regionaler Commissioun fir d'Grondschoul, engem Lycée fir den Enseignement secondaire)
- enger unerkannter Organisatioun aus dem sozialen, familiären oder therapeuteschen Beräich
- dem Hausdokter vum Schüler

An dësen dräi Fäll mussen d'Elteren hiert Averständnes ginn hunn.

Och d'Eltere vun engem Kand oder Jugendlechen oder awer de groussjäreg Schüler kënnen sech och direkt un déi national Inklusiounskommissioun wenden.

D'Elteren an d'Kompetenzzentren

D'Eltere vun engem Kand oder Jugendleche wéi och de groussjäreg Schüler kënnen direkt e Kompetenzzentrum kontaktéieren, dëst fir eng Berodung oder eventuell eng Fachdiagnos. Sollt de Kompetenzzentrum opgrond vun der Fachdiagnos eng fachlech Betreue(n) proposéieren, muss dës Propos der nationaler Inklusiounskommissioun virgeluecht ginn.

Organisatioun

D'Kompetenzzentren si matenee vernetzt. Hir Direktere gesi sech an engem Aarbechtskrees, fir Synergien ze schafen, de Minister ze beroden, d'Weiderbildung ze fërderen an ze koordinéieren an d'Qualitéit vun der Betreue(n) vun de Kanner a Jugendlechen mat spezifischem Förderbedarf weiderzeentwéckelen.

Intern ass all Kompetenzzentrum an Unitéiten opgedeelt, eng fir

- den Enseignement
- d'Diagnostik, d'Berodung an de Suivi
- d'Reeducatioun an d'Therapie
- d'Administratioun an d'Technik

An all Zentrum gëtt en Elterecomité an e Schülercomité gewielt.

D'Kompetenzzentren

- [Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa \(CDA\)](#)
- [Centre pour le développement intellectuel \(CDI\)](#)
- [Centre pour le développement moteur \(CDM\)](#)
- [Centre pour le développement socio-émotionnel \(CDSE\)](#)
- [Centre pour le développement des compétences relatives à la vue \(CDV\)](#)
- [Centre pour enfants et jeunes à haut potentiel \(CEJHP\)](#)
- [Centre de logopédie \(CL\)](#)
- [Centre pour enfants et jeunes présentant un trouble du spectre de l'autisme \(CTSA\)](#)
- [Agence pour la transition vers une vie autonome \(ATVA\)](#)

D'Abezéiung vun den Elteren

D'Eltere sinn déi wichtegst Partner vum Kand, wann d'schoulesch Bildung soll reusséieren, an dat onofhängeg vun eventuelle spezifesche Besoine vum Kand. No der Berodung vun der Inklusiounskommissioun oder och der nationaler Inklusiounskommissioun entscheeden si sech fir eng Schoulform fir hiert Kand. Si gi regelméisseg kontaktéiert, fir sech mat de pedagogeschen Ekipp an den anere Fachleit, déi hiert Kand begleeden, ze beroden.

U wie went ee sech als Elteren?

- Fir e Kand an enger **Crèche**: un d'Erzéier, de Kannerdokter oder déi vum Gesondheitsministère proposéiert Konsultatioun fir d'Fréierkennung.
- Fir e Kand an der **Grondschoul**: un de Schoulmeeschter oder d'Léierin, d'Regionaldirektiounen, d'Ekipp fir d'Ënnerstëtzung vu Kanner mat besonnesche Besoinen (ESEB).
- Fir e Jugendlechen um **Lycée**: un de Regent oder d'Inklusiounskommissioun vum Lycée.

VI. Schoulesch a berufflech Orientéierung

Et ginn Zäitpunkten am Liewen, wou e Schüler sech decidéiere muss, wéi ee Wee e wëll aschloen am Hibleck op eventuell Studien, eng Ausbildung oder zukünfteg berufflech Aktivitéiten.

Fir déi aktuell Politik gëlle virun allem dës zwou Definitioune vun Orientéierung:

*„D'Orientéierung bezitt sech op eng Rei vun Aktivitéiten, déi et dem Bierger erlaben, zu all Moment vu sengem Liewen seng **Fäegkeeten**, **Kompetenzen** an **Interessien** ze identifizéieren, fundéiert Decisiounen ze huelen am Hibleck op de **Choix** vu sengen Studien an Ausbildungen wéi och sengen berufflechen Aktivitéiten an dëst an engem duebelen Interessi: **sech selwer weiderzeentwéckelen**, awer och e Bäitrag zur **Entwécklung vun der Gesellschaft** ze leeschten.“* (FORUM Orientation)

*„D'Orientéierung begleet a fërdert e **liewenslaangt Léieren** an hëlleft deem Einzelnen, Aarbechtslosegkeet ze vermeiden oder op d'mannst op e Minimum ze reduzéieren. Eng schoulesch a berufflech Orientéierung op héijem Niveau beschränkt sech net dorop, déi **perséinlech Entwécklung** ze ënnerstëtzen an d'Chancen op eng **Aarbechtsplaz** ze verbesseren, si dréit am Ganzen zu enger méi breeder a méi staarker **sozialer a wirtschaftlecher Entwécklung** bäi.“* (Association internationale de l'orientation scolaire et professionnelle)

Am Lëtzebuerger Schoulsystem ginn et verschidde Momenter, wou eng Orientéierung noutwenneg gëtt. An der **Grondschoul** gëtt et eng éischt Orientéierung um Enn vum Zykel 4, entweder a Richtung Enseignement secondaire classique oder Enseignement secondaire général (cf. [Passage de l'enseignement fondamental à l'enseignement secondaire classique et secondaire général – Iwwergang vun der Grondschoul an den Enseignement secondaire](#)).

Dann, um **Lycée**, sollen d'Schüler, op Grond vun hire Resultater an Intressien, hir d'Spezialisatioun wielen. All Schoul muss eng Demarche fir d'Orientéierung vu sengen Schüler ausschaffen, fir datt jiddwer Jugendlechen dee fir hie richtege Choix kann treffen, deen also sengem Profil gerecht gëtt an him déi beschtméiglech Chancen op Erfolleg garantéiert. Et kënnen och aner Servicer zousätzlech zu Rot gezu ginn. Déi meescht dovun sinn an der [Maison de l'orientation](#) regroupéiert.

D'Lycéeën bidden hire Schüler eng schoulesch a berufflech Orientéierung un.

All Lycée muss e [Schouletwécklungsplang ausschaffen](#) (PDS), an deem en ënner anerem eng **Orientéierungsprozedur** definéiert, dee senger Schülerpopulatioun ugepasst ass. Dës Prozedur soll jiddwer Schüler dobäi hëllefen, dee Choix ze treffen, dee sengem Profil am beschten entsprécht an him déi beschtméiglech Chancen op Erfolleg garantéiert.

D'Orientéierung am Lycée

Fir d'Lycéesschüler ginn am Laf vun de Joren am Secondaire an och op lokalem a regionalem Plang eng Rei vun Orientéierungs-, Informatiouns- a Berodungsaktivitéiten ugebueden:

- um Niveau vun der **Informatioun** an der **Berodung**:
 - Publikatiounen an Informatiounsmaterial
 - Websäiten
 - Informatiounen iwwer Héichschoulstudien an den Aarbechtsmaart
 - Evenementer wéi d'„Foire de l'étudiant“
 - Informatiounsveranstaltungen fir d'Schüler vun enger Klass oder engem Lycée an hir Elteren
 - Diskussiounen mat den Diploméierten vun deene verschiddene Studiegäng
- um Niveau vun der **Begleedung** an der Ausschaffung vu **Formatiounsprojeten**:

- pedagogesch Projeten, déi an enger Klass oder alle Klasse vum selwechte Joer realiséiert ginn
- Tutoratsprogrammer a verschiddene Lycéeën
- Bildungs- a Beruffsberodung
- individuell Berodungen
- eng individuell Begleedung, psychologesch Tester an Ausschaffe vu beruffleche Projeten

Parallel dozou hëllefen [d'Compléments aux bulletins](#) an den ënneschte Klassen de Schüler, sech hire Kompetenzen an hirem Potenzial bewosst ze ginn.

Bestëmmten Aktivitéite si méi spezifesch op d'Berufswiel ausgeriicht:

- **Stagen an de Betriber**, virun allem um Enn vun der 5^e vum Enseignement secondaire général
- **Informatioun a Sensibiliséierung fir Handwierks- an aner Beruffer:**
 - BiZ – Beruffsinformatiouns-Zentrum (Centre de documentation sur les métiers et professions)
 - Websäiten (z. B. www.anelo.lu)
 - Evenementer (z. B.. [Girls' Day – Boys' Day](#))
 - Diskussiounen mat Verrieder aus Firmen oder Absolvente vu verschiddene Beruffsausbildungen
 - Mini-Stagen (z. B. [Job Shadow Day](#))
 - Besichtigunge vun Entreprises
 - Förderung vum Initiativgeescht ([Jonk Entrepreneuren](#))

SePAS a CePAS

An all Lycée gëtt et e **Service psycho-social et d'accompagnement scolaires** (SePAS), deen aus enger multidisziplinärer Ekip (Psychologen, Assistants sociaux, Éducateurs gradués, Professerer, déi als Schoul- a Beruffsberoder fungéieren) besteet. Zu sengen Aktivitéite gehéieren **déi psychologesch, psychopedagogesch a sozial Betreierung vum Schüler, d'Preventioun (Sucht-, Gewalt- an AIDS-Preventioun, Verhënnerung vum Schoulofbroch asw.), d'Mediatioun** tëscht de Partner vun der Schoul (Schüler, Elteren, Professerer, offiziell Instanzen ...).

D'**SePAS** schaffen all enk mat externen Akteuren zesummen, fir deene Jonken den Zougang zum Aarbechtsmaart ze erliichteren an hinnen ze hëllefen, an der sozialer Wierklechkeet Fouss ze faassen.

D'**SePAS** gi vum [Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires](#) (CePAS) ënnerstëtzt.

Antennes locales pour jeunes (ALJ)

D'[Antennes locales pour jeunes](#) (ALJ) gehéieren zum [Service national de la jeunesse](#) (SNJ). Hir Aufgab ass et, déi Jonk beim Iwwergang tëscht dem Schoul- an dem Berufsliewen ze ënnerstëtzen. D'ALJ fënnt een op [11 Plazen](#) am Land; doduerch ass een no bei deene Jonken. D'Mataarbechter si spezialiséiert an der Betreierung vu Jugendlechen an der Ëmsetzung vu Programmer, déi hinnen de Wee an en aktiivt Liewen erméiglechen.

Hir Ënnerstëtzung adresséiert sech u Jonker, déi

- nach an der Schoul sinn, awer um Punkt sinn, dës ze verloossen, ouni awer ze wëssen, wat si da solle maachen,
- d'Schoul ouni Diplom ofgebrach hunn.

D'ALJ bitt deene Jonken:

- Rotschléi an Informatiounen iwwer méiglech Formatiounen an d'Beruffsliewen
- eng individuell Betreuer am Hëllef op weider Studien oder d'Beruffsliewen
- Alternativen zur Inaktivitéit

D'Offere vun den ALJ [am Detail](#).

Fräiwëllegendéngscht

De [Fräiwëllegendéngscht](#) erlaabt et jonke Leit bis drësseg Joer, sech fir e konkrete Projet am Interessi vun der Allgemengheet ze engagéieren. Et ass eng Méiglechkeet, eppes Neits ze léieren an sech iwwer praktesch Erfarungen ze orientéieren. Beim Fräiwëllegendéngscht handelt et sech ëm eng zäitlech begrenzte Vollzäitaktivitéit vun op d'mannst dräi Méint bis maximal engem Joer. Jee no Programm sinn d'Aktivitéiten hei am Land ([SVO](#), [SVCi](#)), si kënnen awer anzwousch anescht an Europa oder soss an der Welt stattfannen.

Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur (CEDIES)

De [CEDIES](#) ass e Service vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung an adresséiert sech u Lycéesschüler, zukünfteg Studenten, Studenten a Persounen, déi op eng Héichschoul wëlle goen.

De Service **Informations universitaires** (Informatiounen iwwer d'Universitëten) informéiert iwwer Héichschoulstudien a Beruffer, d'Zouloossungsbedingungen an d'Aschreiwungsprozeduren un den Universitëten.

Säi Service **Aides financières** geréiert [déi staatlech Studiebäihëllef](#).

D'Beruffsberodung vun der ADEM (ADEM-OP)

D'Beruffsberodung vun der ADEM ([Service d'orientation professionnelle de l'ADEM – ADEM-OP](#)) bitt Jugendlechen an Erwuessenen individuell Orientierungsgesprécher a kollektiv Informatiounsveranstaltungen un, fir si bei hirer Berufswiel ze ënnerstëtzen. Zur Beruffsberodung vun der ADEM gehéiert och de [BiZ – Beruffsinformatiouns-Zentrum](#), deem eng grouss Auswiel u Medien iwwer d'Beruffer an hir Ufuerderungen zur Verfügung stellt. D'ADEM-OP vermëttelt och Léierplazen fir déi berufflech Éischtausbildung an d'Erwuessenenausbildung.

Maison de l'orientation

D'[Maison de l'orientation](#) regroupéiert ënner engem Daach déi meescht staatlech Servicer, déi sech ëm d'Beruffsorientéierung këmmern, wat den Zougang zu den Informatiounen an enger perséinlecher Ënnerstëtzung vereinfacht.

- De [Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires](#) (CePAS) këmmert sech ëm Schüler, déi eng ëmfaassend Begleedung a psycho-sozial Ënnerstëtzung brauchen an huet zu deem Zweck verschidden Outilen (Atelieren, kreativ Raim, Interventiounsgruppen, alternativ Léiermethoden asw.) entwéckelt, fir datt sech d'Schüler am schouleschen Ëmfeld wuelfillen.

Tel.: (+352) 247-75910

E-Mail: info@cepas.lu

- De [Service d'orientation professionnelle de l'Agence pour le développement de l'emploi](#) (ADEM-OP) informéiert iwwer Handwierker/Beruffer a Léierplazen.

Tel.: (+352) 247-85480

E-Mail: info.op@adem.public.lu

- [D'Antennes locales pour jeunes](#) (ALJ) bidden eng individuell Ënnerstëtzung u bei der Ëmsetzung vu schouleschen oder berufleche Projeten.

Regionalbüro Lëtzebuerg:

Tel.: (+352) 247-75941, (+352) 247-75942, (+352) 247-75943, (+352) 247-75944

E-Mail: alj@men.lu

- De Service national de la jeunesse hëlleft jonke Leit, praktesch Erfarungen am Kader vum [Fräiwëllegendéngscht](#) ze sammelen.

Antenne Zentrum Tel.: (+352) 247-86481, (+352) 247-86480

E-Mail: secretariat.transitions@snj.etat.lu

- D'[Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux-arrivants](#) (CASNA) adresséiert sech u Schüler tëscht 12 a 17 Joer, déi nei an d'Land koumen a sech an engem Lëtzebuerger Lycée wëllen aschreiwen.

Tel.: 247-85277

E-Mail: casna@men.lu

- Am selwechten Haus renseignéiert d'[Anefore](#) iwwer europäesch Aus- a Weiderbildungsprogrammer, d'[FAPEL](#) iwwer d'Kooperatioun tëscht Elteren a Schoulen.

VII. Pedagogesch Theemen

Den Enseignement beschränkt sech net op déi Fächer, déi am Stonneplang festgehale sinn. Wëssen, Fachkompetenz a Verhale si fächeriwwergräifend. Dës pedagogesch Theme ginn ëmmer méi wichteg an et gëtt der och ëmmer méi.

Kulturell Bildung

Eis Gesellschaft brauch d'Kultur, fir sech besser no baussen opmaachen ze kënnen, fir déi eege Geschicht besser ze verstoen, hir Diversitéit ze begräifen. D'Kanner hunn e staarkt Bedürfnis dono a mussen en Zougang zur Kultur an dem kënschtlereche Schafe kréien, souwuel als Betruechter vu baussen ewéi och als Acteur. D'Erfahrungen a Projeten um Gebitt vun der Kultur si wichteg fir hir perséinlech Entwécklung, hir Selbstachtung an och fir d'Chancëgläichheet; si fërderen d'Talenter vu jiddwer Eenzelne a seng Kreativitéit.

De Ministère ënnerstëtzt a begleet pedagogesch interessant kulturell Projeten an Initiativen. Eng „Woche vum Kulturierwen“ (*Semaine du patrimoine culturel*) gëtt all Joer an den ëffentleche Schoule vum Land organiséiert. E breet Spektrum u Projeten a Materialie gëtt vum *Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques* (SCRIPT) ausgeschafft, fir déi kulturell Bildung bei Kanner a Jugendleche vun all Altersgrupp ze fërderen.

Hei eng Auswiel vun Internetsitten, déi online Material fir d'Léierpersonal zur Verfügung stellen:

- www.multi-script.lu verschafft Zougang zu enger Panoplie vun Applicatiounen am Beräich vun der kultureller Bildung: mat Lucilin zum Beispill kënnen d'Grondschüler d'Geschicht, d'Politik an d'Geographie vum Lëtzebuerger Land spilleresch entdecken;
- www.letzebuergerliewen.lu huet all d'Informatiounen zu den Initiative vun der Woch vum Kulturierwen (*semaine du patrimoine culturel*).
- www.kulturama.lu ass eng Plattform, déi Kënschtler aus alle Beräicher mateneen a Kontakt bréngt.
- www.mimamu.lu befaasst sech mat der Musek an der Grondschoul.
- www.makedra.lu befaasst sech mam Theater an der Grondschoul.
- www.kulturgeschichte.lu beliicht ënnerschiddlech Facettë vun der Kulturgeschichte vu Lëtzebuerg fir d'Lycéesschüler, op Basis vun enger Rei vu Konferenzen, déi d'Uni Lëtzebuerg organiséiert hat.
- www.forumpapers.lu stellt e Choix vun Texter aus dem Lëtzebuerger Magazin *forum* zesummen, déi fir de Gebrauch an de Lycéeklassen ugepasst goufen.

(Weider Informatiounen)

Dossier fir d'Medien: Lëtzebuerg(er)liewen, déi éischt „Woch vum Kulturierwen“ (*Semaine du patrimoine culturel*) an den ëffentleche Lëtzebuerger Schoulen (05.06.2019) (PDF – 445 KB)

Dossier fir d'Medien: Lucilin, Eis gebaute Welt, kulturgeschichte.lu, dräi Hëllefsmëttelen, fir der Lëtzebuerger Kultur hir Plaz an der Schoul ze ginn (19.09.2018) (PDF – 459 KB)

Pressedossier: kulturama.lu, Kultur a Schoul enaner méi no bréngen (02.05.2018) (PDF – 485 KB)

RIGHTBOX Service Initiativen a Programmer (*Division initiatives et programmes*)

Luc Belling, Responsablen

Tel.: (+352) 247-75948

E-Mail: luc.belling@men.lu

Aline Weber, Kulturell Projeten am Régime préparatoire
E-Mail: aline.weber@men.lu
Tel.: (+352) 247-75154

Jean-Paul Majerus, Koordinator vun de Projete mimamu a makedra
E-Mail: jean-paul.majerus@men.lu

Erzéiung zur nohalteger Entwécklung

D'Erzéiung zur nohalteger Entwécklung (*EDD – Éducation au développement durable*) ass zu enger onëmgängelecher Aufgab vun der Schoul, ma och den ausserschoulesche Strukture ginn.

D'Zil ass, Kanner, Jugendlecher an och déi Erwuesse fir d'Komplexitéit vun den Erausforderunge vun eiser Gesellschaft ze sensibiliséieren, si dozou ze motivéieren, hiert Verhalen ze änneren an als verantwortungsbewosst Bierger ze handelen, zugonschte vun den haitegen an zukünftege Generatiounen.

Si muss dozou féieren, datt d'Bierger d'Komplexitéit vun der Welt an hirer wirtschaftlecher, ökologescher a sozialer Dimensioun begräifen, si soll hir Partizipatioun um demokratesche Prozess ënnerstëtzen a fir jiddwereen d'ganzt Liewe laang zougängelech sinn.

Et geet net dorëms, nach „zousätzlech“ Inhalter ze schafen, ma dës Inhalter interdisziplinär an den Unterricht an d'Erzéiung anzebauen.

Am Kader vum UNO-Joerzénge fir d'Erzéiung zur nohalteger Entwécklung (2005-2014) an dem 2. nationale Plang fir d'nohalteger Entwécklung huet e *Comité interministériel* eng national Strategie fir d'Erzéiung zur nohalteger Entwécklung ausgeschafft. Si gëtt Richtlinne a proposéiert Methoden, wéi een d'Erzéiung zur nohalteger Entwécklung (*EDD – Éducation au développement durable*) an de Schoulsystem kann integréieren.

An dëser Strategie sinn ë. a. festgehalen:

- eng Charta „Bildung fir nohalteger Entwécklung“, déi vun den ONGen, déi an deem Beräich aktiv sinn, ënnerschriwwen gouf
- eng Lëscht vun de BNE-Akteuren an hire pedagogeschen Aktivitéiten
- en Internetsite fir d'BNE (www.bne.lu)
- d'Integratioun vum BNE an d'Grondausbildung vum Léierpersonal an de Grondschoulen an an d'Weiderbildung vun de Léierkräften an den Erzieher
- d'Integratioun vun der nohalteger Entwécklung an de Schüler aus dem Enseignement secondaire classique an dem Enseignement secondaire général hir Mini-Entreprises

Medienerzéiung a Mediebildung

D'Schoul huet als Missioun, de Schüler den Ëmgang mat der Offer vun de Medie bäizebréngen. Duerfir suergt de Ministère iwwer de SCRIPT (*Division Innovation du Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques*) dofir, datt:

- d'Medienerzéiung a Mediebildung op all Niveau vun der Grondschoul an dem Secondaire gefërdert gëtt;

- d'Medienerzéiung a Mediebildung an déi verschidde Léierprogrammer ageschriwwen gëtt an d'Kompetenzen, déi d'Schüler zu verschiddene Schlësselmomenten an hirer schoulescher Karriär müssen erreechen, kloer definéiert ginn;
- d'Medienerzéiung a Mediebildung an d'Grondausbildung an d'Weiderbildung vun de Fachkräften am Bildungs- an am sozialpedagogeschen Beräich integréiert gëtt.

E Referenzkader

Fir en allgemengen Kader fir déi aktiv a passiv Mediekompetenzen ze schafen, ass e Referenzdokument fir d'Lëtzebuerger Schoul ausgeschafft ginn: Medienerziehung und Medienbildung in der Schule. Hei ginn dës Themen behandelt:

- Ziler vun der Medienerzéiung a Mediebildung
- Mediellandschaft an Omnipresenz vun de Medien
- Entwécklung vun de Kompetenzen fir eng kritesch a verantwortungsbewusst Kommunikatioun, eng grouss Erausforderung fir d'Schoul

Aktiounen

D'Mediendeeg

Am Mee 2012 huet de Ministère deen éischten Mediendag organiséiert, deen sech un d'Léierpersonal aus der Grondschoul an dem Lycée adresséiert huet. Ronn honnert Persounen hunn sech mam Thema „Mit neuen Medien unterrichten“ ausernanergesat. De Mediendag 2013 stoung ënnert dem Motto „Medien verstehen & gestalten“.

D'Woch vun der Press

D'Woch vun der Press gëtt organiséiert a vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ënnerstëtzt. Eng Woch laang beschäftegen sech déi Klassen, déi bei der Pressewoch matmaachen, eng Stonn den Dag mat engem Sujet, deen mam Thema vun der Woch ze dinn huet. Dës pedagogesch Aktivitéit hëlleft de Kanner ze verstoen, wéi Printmedien funktionéieren, a si entdecken déi verschidde Facetten vum Journalismus an dem Informatiounswiesen.

Fach Liewen a Gesellschaft

Zënter dem Schouljoer 2016-2017 ersetzt de Cours „Liewen a Gesellschaft“ (*Vie et société*) d'Fächer Relioun a Morale an alle Klassen vum Enseignement secondaire classique a secondaire général, inklusiv de Classes préparatoires. Zënter dem Schouljoer 2017-2018 gëllt dat Nämmelech fir d'Grondschoul.

D'Ziel vum Cours ass, déi Jonk dozou ze bréngen, dat, wat hiert Liewen ausmécht, an hir Sich nom Sënn mat de groussen Froen vun der Mënschheet an der Gesellschaft iwwereneenzebréngen. Andeems sech am Cours mat den Äntwerten beschäftegt gëtt, déi déi verschidde philosophesch an ethesch Stréimungen an déi grouss reliéis a kulturell Traditiounen souwéi d'Wëssenschaft an d'Literatur ginn, entwéckelt de Schüler eegen Denksätz, schafft sech seng eegen Orientéierungspunkten, léiert, déi vun deenen aneren ze respektéieren, an entwéckelt eng kritesch Denkweis.

Am Cours „Liewen a Gesellschaft“ gi sechs grouss Léierfelder behandelt, déi wichteg fir d'Zesummeliewe sinn: 1. Ech; 2. Ech an der Welt; 3. Liewensweisen, Welt a Gesellschaft; 4. Mënsch, Natur an Technik; 5. Kultur a Kommunikatioun; 6. Déi grouss Froen vum Liewen. Fir all Klassen sinn Themefelder virginn, déi dem Alter an de Froen vun de Kanner ugepasst sinn.

Liesförderung

lwwer d'*Division de l'innovation pédagogique* vum SCRIPT (Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques) këmmert sech de Ministère ëm d'Koordinatioun vun de Grondschoulbibliothéiken an de Centres de documentation et d'information (CDI) vun de Lycéeën.

Heizou gehéiert:

- d'Organisatioun vu reegelméissegem Aktivitéiten ewéi de **Journées du livre et du droit d'auteur** (Dag vum Buch an den Autorenrechter) an dem **Virliesconcours**
- d'Organisatioun vum Projet „**Sac d'histoires**“ (Sak voller Geschichten)
- d'Zesummenaarbecht mat den externe Partner
- d'Opsicht vun den Schoulbibliothéiken

Aktiounen an de Schoulen

Fir all d'Schüler

Zwou Aktiounen adresséieren sech esouwuel un d'Grondschoule wéi och un d'Lycéeën:

- d'[Journées du livre et du droit d'auteur](#): Si ginn zënter 2007 zesumme mam Ministère ëm den 23. Abrëll organiséiert, dem internationalen Dag vum Buch. Ëmmer méi Schoule maache mat;
- den Europäeschen Dag vun de Sproochen, dee vum [Centre européen des langues vivantes](#) koordinéiert gëtt. 2001 huet den Europarat dësen Dag an d'Liewe geruff; e feiert d'Sproochevillfalt a férdert d'Léiere vu Sproochen an Europa.

An der Grondschoul

Sac d'histoires - Sak voller Geschichten

De „Sac d'histoires“ (Sak voller Geschichten) ass e Projet, deem 2009 lancéiert gouf. E soll zu enger grousser Oppenheet fir d'Sprooche bäidroen, d'Partnerschaft Schoul-Famill an d'Liese férdere. En adresséiert sech haaptsächlech un d'Kanner aus den Zyklen 1 an 2.

D'Kanner kréien e „Sak voller Geschichten“ mat heem, deem an der Schoul gefällt gouf.

Am Sak ass:

- e Kannerbuch mat enger lwwersetzung am Kand senger Mammesprooch;
- en Audio-CD, op där d'Geschicht an deene Sprooche virgelies gëtt, déi an der Klass am heefegste sinn, an e puer Erklärungen fir d'Elteren.

Infoen zum Projet an e Lëtzebuerger Film zum Projet fënnt een ënnert : <http://sacs.script.lu>

Virlies-Concours

Zënter 2006 gëtt all Joer e Virlies-Concours organiséiert. En adresséiert sech un d'Schüler aus dem Zykel 4 vun der Grondschoul. No éischten Etappen op lokalem a regionalem Plang treffen sech d'Finalisten an enger grousser nationaler Finall, wou se hir Texter engem ganz opmierksamen Jury virdroen.

Ressourcë fir den Enseignement fondamental

Onilo

Zënter Mee 2020 proposéiert de Ministère den Enseignantë vum Fondamental en Accès op den Internetsite ONILO <http://www.onilo.de/luxemburg>. Dëst Léierportal bitt animéiert Bicher fir d'Schüler aus den Zyklen 1-3. Zousätzlech bitt dëst Portal pedagogesch Ressourcen an differenzéiert Material am Zesummenhang mat de Geschichten. D'Animationen an de Bicher si speziell op d'Liesfërderung an d'mëndlecht Liesverständnis ausgeriicht. Si hunn als Zil, d'Freed um Liesen ze wecken. D'Bicher kënnen esouwuel an der Klass wéi och eleng doheem gelies ginn.

Antolin

D'Portal fir d'Liesfërderung Antolin www.antolin.de erméiglecht et de Schülerinnen a Schüler aus dem Fondamental, Liesquizen ze maachen. Fir all Buch gëtt et Multiple-Choice-Froen.

Um Site fënnt een och eng grouss Auswiel vu Bicher op Däitsch a Bicher op Franséisch. Um Site fënnt een och Aktualitéitstexter fir Kanner.

De Courrier de l'Éducation nationale

Zënter Oktober 2012 informéiert d'Rubrik „Leseförderung – Schulbibliothek – Medienerziehung“ vum [Courrier de l'Éducation nationale](http://www.courrier-education.fr), deen all Mount erauskënnt, iwwer Internetsitten, Fachliteratur a Manifestatiounen, déi mam Liesen ze dinn hunn. Als „Coup de cœur“ gëtt och allkéiers e Kannerbuch virgestallt.

Vun [Dezember 2015 bis Dezember 2017](#) goufen an all Ausgab Kannerbicher an aner Ressourcen zum Thema Flüchtén, Migratioun an Zesummeliwien an dëser Rubrik proposéiert.

Och aner thematesch Bibliographië sinn an de Courrier opgeholl ginn.

Lies a fléi – de Katalog

Am [Katalog](#), deen all Joer erauskënnt, sti Kannerbicher, déi op Lëtzebuergesch erauskomm sinn, oder fir déi et eng lëtzebuergesch Versioun gëtt, am Fall vu méisproocheg Bicher.

Ressourcë fir den Enseignement secondaire

Am Juli 2020 huet de Ministère an Zesummenaarbecht mat der Nationalbibliothék d'Initiativ „[read-y](#)“ lancéiert, eng Fräizäitbibliothék fir Lycéesschülerinnen a -schüler, op déi een iwwert de Smartphone, Tablet oder Computer Zougrëff huet. D'Offer huet als Zil, bei de Jonke Leit d'Loscht um Liesen ze fërderen.

Read-y bitt Lycéesschülerinnen a -schüler gratis Zougang op méi wéi 20.000 digital Bicher, haaptsächlech op Englesch, Däitsch a Franséisch. Och d'Proffen, d'Bibliothecairen an d'Direktiounen hunn Accès.

Et huet een Zougrëff op read-y iwwert d'Lies-App Sora oder iwwert de Site ready.script.lu; D'Verbindung geet iwwert den Iam-Kont.

Partnerschaften

D'Division de l'innovation pédagogique schafft mat dëse Partner zesummen:

- Nationalbibliothék (BnL)
- Conseil supérieur des bibliothèques publiques;
- Zentrum fir politesch Bildung (ZpB).

Opsicht vun den Schoulbibliothéiken

Zënter 2009 gesäit d'Gesetz vir, datt all Grondschoul eng Schoulbibliothék huet, déi vun dem Léierpersonal vun der Schoul geréiert gëtt, dat och Aktivitéiten an deem Kader organiséiert. D'Division de l'innovation pédagogique beréit an ënnerstëtzt dës Léierkräften: si proposéiert hinnen Aktivitéiten, Prozedure fir d'Verwaltung vun der Bibliothék, tauscht mat hinne Praktiken aus, déi sech bewäert hunn, asw.

Nëtzlech Linken

Journées du livre et du droit d'auteur

- [Site dédié](#)
- [Action 2019 : Mat alle Sënner liesen, p. 4-6](#)

Journée européenne des langues

- [Site européen de la Journée européenne des langues](#)

Enseignement fondamental

- [Sacs d'histoires](#)

Lies a fléi – de Katalog

- [Lies a fléi - de Katalog](#)
- [Flucht/Asyl/Migration als Themen der Kinder- und Jugendliteratur und als Unterrichtsthemen Buch- und Materialempfehlungen aus dem "Courrier de l'Éducation nationale \(CEN\) 12/2015 - 12/2017"](#)
- [Virliesconcours 2020](#)

Gesondheetsfërderung a Wuelbefannen

D'Gesondheetsfërderung beschränkt sech net op déi physisch a psychesch Gesondheet vun de Schüler an dem Léierpersonal, ma ëmfaasst eng Gesamtheit vu Konzepter, Moossnamen an Aktivitéiten, déi zum Wuelbefanne vun alle schouleschen Akteure bäidroen an déi verschiddenst Beräicher betreffen:

- de schoulesche Klima an d'Schoulkultur
- Sexualerzéiung an emotional Erzéiung
- Ernährung a Beweegungsfërderung
- Suchtpreventioun

Immer d'Division de l'innovation pédagogique vum SCRIPT (*Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques*) koordinéiert de Minsitère fir Educatioun, Kanner a Jugend eng ganz Rëtsch vu schouleschen an ausserschouleschen Aktivitéiten: Interventiounen an de Klassen, Projeten, Kampagnen, national Studien, Konferenzen asw.

Kierperlech Aktivitéite vu Kanner – virbildlech Praxisbeispiller zu Lëtzebuerg

Konzept CARAT fir d'Schoulklima

D'Schoulklima ass d'Atmosphär, déi an der Schoul herrscht, wou sech d'Schüler, d'Léierpersonal an d'Erzéier dagdeeglech beweegen. Fir e gutt Schoulklima si fënnef Punkte wichteg:

- d'Individue stäerken
- d'Kohäsioun vun der Schoulgemeinschaft sécherstellen
- Zäit a Raum organiséieren
- d'Bezéiungen zur Welt baussent der Schoul opbauen an entwéckelen
- eng Léierkultur entwéckelen: léieren a bäibréngen

Dëst ka mat verschiddene Méttelen erreecht ginn:

- Gesondheitsförderung
- Mediebildung
- kulturell Bildung
- politesch Bildung
- Bildung fir nohalteg Entwécklung
- inklusiv Bildung

D'Konzept [CARAT](#) gëtt vun der *Division de l'innovation pédagogique* vum SCRIPT nach weider verdéift. Zil ass, de Schoulen e globale Kader ze liwweren, deen duerfir suergt, datt sech jiddwereen an der Schoul ka wuelfillen.

Beispiller vu Projeten

Stop-Mobbing

Fir géint schwierig an dréngend Fäll vu Mobbing ënnert de Kanner an der Grondschoul unzegoen, huet de Ministère 2013 d'Taskforce „Stop-Mobbing“ gegrënnt. Si gräift ëmmer dann an, wann den Titulaire vun der Klass si ëm Hëllef freet.

Gewaltpreventioun

Zënter dem Schouljoer 1999/2000 gëtt et eng „[Peer-Mediation im Schulalltag](#)“, déi Konflikter an de Lycéeën op eng aner Manéier ugeet. De Projet gëtt vum Ministère an dem Service national de la jeunesse koordinéiert.

Suchtpreventioun

Fir Ofhängegkeeten zevirzekommen ginn eng ganz Rei vun Aktivitéiten an de Grondschoulen an de Lycéeën duergéfuert (ExtraTour Sucht-aktiv, Limitiert?!, ...auf Zack, d'DVD an de pedagogeschen Dossier ëm d'Theaterstéck „Nach ëmmer allc%ol“ asw.). Zil ass,

- de jonke Leit hir Perséinlechkeet ze stäerken,
- de Schüler verständlech an hirem Alter ugepassten Informatiounen iwwer psychoaktiv Substanzen ze liwweren;
- de Jugendlechen den Ënnerscheed kloermaachen tëschent enger Sucht an dem simple Genoss a se iwwer legal an illegal psychoaktiv Substanzen opzeklären.

AIDS-Preventioun

Informatiounskampagnen (didaktescht Material, Theater asw.) ginn zesumme mam Lëtzebuerger Roude Kräiz (Aidsberodung) a Médecins sans Frontières organiséiert.

Emotional a sexuell Bildung

Eng ministeriell Grupp (Gesondheits-, Familljen- an Integratiounsministère, Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, Ministère fir Chancëgläichheet) schafft zesumme mam Planning Familial an der Asbl 4motion eng Strategie fir d'Promotioun vun der emotionaler a sexueller Gesondheet aus.

VIII. Statistiken an Analysen

Exakt Zuelematerial ass eng wichteg Basis fir all politescht Handelen an och fir d'Kontroll duerch déi gewielte Verrieder an d'Bierger.

An enger Zäit vu Reformen spille d'Statistike nach méi eng staark Roll an den Debatten an den Entscheidungen. Verännerunge mussen sech op zouverlässeg Date kënnen stäipen an d'Statistike mussen d'Auswierkunge vun den Verännerunge kënnen moossen.

De Service des statistiques et analyses stellt den Zoustännege vun der Education an dem interesséierte Public dëst Zuelematerial zur Verfügung:

- statistesch Gronddate wéi d'Zuele vun de Schüler an dem Léierpersonal, ausgestallten Diplomer an Certificaten, d'Entwécklung vun den Nationalitéiten, wéi eng éischt Sprooch d'Schüler doheem schwätzen, d'Schoulinfrastrukturen, de Budget asw. Dës Date ginn all Joer publizéiert (Schlüsseldaten, global Statistiken an Analys vun de schoulesche Resultater, Käschen a Finanzéierung vum Lëtzebuerger Schoulsystem asw.)
- Analysen zu spezifesch Froen op punktueller Basis oder Joresbasis, z. B. Schouloffbroch, den Iwwergang nom Diplom, de Schoulerfolleg asw.

De Service féiert och prospektiv Studien iwwer d'Entwécklung vun der Schoulbevëlkerung duerch a dem Bedarf u Léierpersonal.

IX. Schoulentwécklung

E Schoulentwécklungsplang fir all Grondschoul an all Lycée

Vum Schouljoer 2017-2018 u schafft all Grondschoul an all Lycée e **Schoulentwécklungsplang** (*plan de développement scolaire* – PDS) aus. D'Schoulen definéieren hir Demarchen an deene Beräicher, déi wesentlech si fir de schouleschen Erfolleg vun hire Schüler. Sechs Beräicher si fir d'Grondschoule virgesinn a siwe fir d'Lycéeën. Fir all Beräich ginn déi national Ziler an engem Referenzkader definéiert. D'Schoulen an d'Lycéeë sinn autonom an der Wiel vun de Moosnamen, déi fir hir Schüler am gëeegentste sinn.

[Déi wichtegst Moosnamen am Iwwerbléck](#)

E Plang, deen all d'Partner implizéiert

De Schoulentwécklungsplang gesäit d'Zesummenaarbecht vun allen Enseignanten a Partner vun der Schoul vir. Dat schléisst d'Eltere mat an.

Fir de PDS opzestellen, kucken d'Schoulen d'éischt, wat et u Material scho gëtt an dokumentéieren d'schoulesch Offer, d'Traditiounen, d'Geschicht vun der Schoul, hirt Ëmfeld, hir Verankerung an der Gemeng, d'Zesummesetzung vun der Schülerpopulatioun ... Zil ass, d'Stärkten an d'Schwächte vun der Schoulorganisatioun erauszuschaffen, dat, wat gutt ass, ze behalen an déi schwach Punkten ze verbessern.

Aus dëser Aarbecht erginn sech der Schoul hir Prioritéiten, d'Ziler, déi et ze erreeche gëllt, an d'Strategien, déi duerfir mussen entwéckelt ginn. D'Gesetz leet déi wichtegst Beräicher fest, déi onbedéngt mussen behandelt ginn, ma all Schoul kann nach déi Beräicher mat ofdecken, déi si als noutwenneg betruecht.

Ënnerstëtzung bei der Schoulentwécklung

Fir **d'Grondschoulen** ze begleeden, gi fofzéng Léierkräften, déi an der Schoulentwécklung spezialiséiert sinn (I-DS), dem *Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques* (SCRIPT) zougedeelt.

Si schaffen direkt mat de Presidenten an dem jeeweilege Schoulcomité zesummen. Si ënnerstëtzen d'Ekipp beim Ausschaffen an der Ëmsetzung vun hirem PDS a bei allen Initiativen, déi mat der Schoulentwécklung ze dinn hunn. Dobäi respektéieren si d'Autonomie vun der Schoul an déi lokal Specificitéiten. Dës Aarbecht geschitt op gemeinschaftlecher a regulärer Basis mat de Regionaldirektiounen an allen anere concernéierten Akteuren.

D'Begleedung an de **Lycéeë** gëtt vun dräi Mataarbechter vun der *Division du développement scolaire* vum SCRIPT assuréiert. Et geet dorëms, de Schoulentwécklungsbüro, deen ënner anerem de Schoulentwécklungsplang soll ausschaffen, ze ënnerstëtzen. All Lycée kritt en individuellen a personaliséierte Suivi virgeschloen.

E globalen Dispositif fir d'Schoulen

De legale Kader an d'Ënnerstëtzung, déi all Schoul ugebuede ginn, sinn Deel vun engem globalen Dispositif, zu deem en [Internetsite](#) gehéiert, Formulieren, iwwer déi de Schoulentwécklungsplang koordinéiert a verfollegt gëtt, Evaluatiounen oder de Rapport Grondschoul/Lycée (Monitoring-Team vum SCRIPT), Weiterbildung vum Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN), Betreung vun

nationalen an internationalen Netzwerke, d'Organisation vu kollektiven Treffen oder Aktionsforschung.

X. Pilotage a Kontrollmoosnamen

D'Kontrollmoosname gi vum Minsitère fir Educatioun, Kanner a Jugend bereetgestallt a vun der *Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative* vum SCRIPT (*Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques*) koordinéiert. Si bestinn aus enger Rei vun [nationalen an internationalen Tester](#).

D'Zil vun de Kontrollmoosnamen ass, iwwer d'Tester eng Bilanz vun de Schüler hire Léierresultater an deene verschiddene Kompetenzberäicher zu Schlësselmomenten an hirem schoulesche Parcours maachen ze kënnen. Betraff sinn den Enseignement fondamental an déi ënnescht Klasse vum Enseignement secondaire classique a secondaire général.

D'Resultater vun den Tester sinn deemno eng Momentopnam vun de Schüler hire schoulesche Kompetenzen a verschiddene Fächer, am Géigesaz zu de Prüfungen an der Klass, déi de Schüler hir Fortschritter während dem Joer dokumentéieren.

D'Ëmsetzung vun de Kontrollmoosname geschitt an e puer Etappen: (1) d'Inhalter vun de Tester zesummestellen; (2) d'Tester duerchféieren; (3) d'Tester verbessern an d'Resultater auswäerten; (4) d'Tester den Enseignanten zeréckginn an (5) eventuell d'Tester an d'Resultater fir Interesséierter bereetstellen.

D'Verwendung vun den Tester a Resultater geschitt op verschiddenen Niveauen:

- um Niveau vum Schoulsystem: Gestaltung vun der Bildungspolitik;
- um Niveau vun der Schoul: Schoulentwécklungsplang
- um Niveau vun der Klass: pedagogeschen Austausch
- op individuellem Plang: Orientéierung oder och Betreierung vun de Schüler

D'Kontroll geschitt an enker Zesummenaarbecht mat de Schoulen, souwuel beim Ausschaffe vun den Tester wéi och an hirer Organisatioun.

National Tester

Et ginn dräi Zorte vun nationalen Tester: d'Tester vum Passage vun der Grondschoul an den Enseignement secondaire classique a secondaire général, standardiséiert Tester, gemeinsam Tester.

Tester fir den Iwwergang vun der Grondschoul an den Enseignement secondaire (PFS)

D'Orientéierung vun de Schüler um Enn vum leschte Joer vun der Grondschoul an den Enseignement secondaire classique a secondaire général geschitt an enger Prozedur, déi mam **Orientéierungsbescheed** ofschléisst. Dës Decisioun gëtt **zesumme** mat den **Elteren** an dem **Enseignant** ausgeschafft. Den Orientéierungsbescheed baséiert sech op eng ganz Rei vun Elementer, dorënner och déi gemeinsam Tester.

Dës gemeinsam Tester ginn op nationalem Plang organiséiert no Kriterien, déi vun der Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative vum SCRIPT definéiert a koordinéiert ginn. Zil ass feststellen, wéi sech dem **Schüler seng Kompetenzen** am Hibleck op d'Kompetenzen, déi um Enn vum Zyklus 4.2. erwaart ginn, entwéckelt hunn. Ausserdeem kann een sech esou och e Bild dovun maachen, wou de Schüler mat senger Leeschtunge steet, well een se mat der nationaler Moyenne vun alle Schüler aus dem Zyklus 4.2 vergläiche kann. Déi gemeinsam „PFS“-Tester betreffen dräi Fächer: Franséisch, Däitsch a Mathematik. Déi evaluéiert Kompetenze sinn: Héierverständnis, Lieskompetenz a schrëftlech Produktioun am Franséischen an Däitschen; d'Reproduktioun an d'Uwendung vu Kenntnesser a Fäegkeeten ewéi och d'Léisung vu Rechenaufgaben an der Mathematik.

Dës gemeinsam Tester gi vun Aarbechtsgruppen ausgeschafft, déi sech aus Membere vun de Regionaldirektiounen, dem Léierpersonal aus de Grondschoulen, de Professerinnen an dem Koordinator vun der *Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative* vum SCRIPT zesummesetzen. D'Resultater ginn a Form vun engem **Profil** presentéiert.

Liest och d'Rubrik: [Iwwergang vun der Grondschoul an d'Sekundarschoul](#)

Standardiséiert Tester

Déi standardiséiert Tester (ÉpStan) verfolgegen en duebelt Zil:

- si liwweren dem Ministère eng **Iwwersiicht iwwer d'schoulesch Leeschtungen**, wat et him erlaabt, **d'Auswierkunge vun de Reformen** ze gesinn;
- si stellen de Schoule Steuerungsinstrumenter zur Verfügung, fir d'schoulesch Qualitéit ze verbessern.

Dës Tester ginn all Joer op nationalem Plang duerchgefouert a gi vun der Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative koordinéiert. Zur Zäit ginn se um Ufank vum Zyklus 3 vun der Grondschoul an an de 5es-Klasse vum Enseignement secondaire classique a secondaire général ofgehalen.

Am Géigesaz zu enger Prüfung an der Klass bezéien sech déi standardiséiert Tester net direkt op d'Inhalte, déi am Laf vum Joer evaluéiert ginn. Si sollen den Niveau vun de Schüler hire Kompetenze wëssenschaftlech beleechen, zu Schlësselmomenten an dem schoulesche Parcours. Si droen de schoulesche Leeschtungen an der Mathematik, dem Däitschen a Franséische Rechnung.

Fir den inhaltlechen Opbau vun de standardiséierten Tester, déi statistesch Verwäertung an de Rapport ass d'Equipe vum Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET) vun der **Universitéit Lëtzebuerg** zoustänneg. Hei gëtt also e Bléck vu baussen op de Lëtzebuerger Schoulsystem gehat.

Gemeinsam Tester

Am Joer 2003 goufe fir déi éischte Kéier gemeinsam Tester an de Sproochen (Däitsch a Franséisch) an an der Mathematik op 5^e am Enseignement secondaire – ES (haut: 5^e vum Enseignement secondaire classique, ESC) an der 9^e vum Enseignement secondaire technique – EST (haut: 5^e vum Enseignement secondaire général, ESG) ofgehalen. Dës Tester sinn an deem Sënn „gemeinsam“ Tester, well se **all d'Schüler aus dëser Klasse** betreffen an an alle Lycéeën vum Land zur nämmelecher Zäit – am Allgemengen am Ufank vum zweeten Trimester – an ënner den nämmelechen Bedingungen duerchgefouert ginn.

Fir d'Schüler hunn dës gemeinsam Tester de Charakter vun **enger normaler Prüfung an der Klass**. Si bezéien sech nëmmen op déi Matière, déi um Programm vun den entspreche Fächer steet an an der Klass behandelt gouf, a verlaange vun dohier keng aner Virbereedung wéi fir eng ganz normal Prüfung. De Schüler hir Tester gi just vun hire betreffen Professoren korrigéiert. D'Notten zielen als Prüfung vum zweeten Trimester.

De statisteschen Déngscht an d'*Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative* sammelen d'Resultater, analyséieren se, berechnen d'Moyenne vun all Klass, vun all Lycée an eng national Moyenne. Wéi d'Kompetenzsockelen agefouert goufen, koun nach eng méi genee Analys derbäi vun de Leeschtungen vun de Schüler a Funktioun vun de **Kompetenzbeschreibungen**, déi um Enn vum éischten Zyklus vum Secondaire opgestallt ginn.

Mat dëser Zort Tester verfolgegt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend verschidden Ziler.

Wa sech déi gemeinsam Tester all op eenheetlech Beurteelungs- a Korrekturkriterie baséieren, garantéieren si **Studien- a Bewäertungsbedingungen, déi fir all d'Schüler déi nëmmlecht sinn.** Esou droen si derzou bäi, datt sech d'Kohärenz net nëmmen tëschent de Klasse vun eng an därselwechter Schoul verbessert, ma och tëschent deene verschiddene Lycéeën am Land.

Doduerch, datt d'Tester fir jiddwereen déi selwecht sinn, ass et fir d'Léierpersonal vun engem an deem selwechte Fach vu Virdeel, **sech ënnerteneen ze beroden**, fir déi gemeinsam Ziler och ze erreechen, wat doduerch erëm den Austausch an **d'Zesummenaarbecht** tëscht dëse Léierkräfte fërdert.

Déi gemeinsam Tester hëllefen den Enseignanten derbäi, d'Acquise vun de Schüler an eventuell Schwierigkeeten, déi se zum Zäitpunkt vum Iwwergang op d'4^e ESC an d'4^e ESG hunn, no den nationale Kriterien ze evaluéieren. Parallel dozou erlaben se et den Enseignanten, hir eege Kriterie fir d'Korrektur par rapport zu den nationale Kriterien objektiv ze evaluéieren an se, wann néideg, unzepassen.

International Studien

Lëtzebuerg mécht bei verschiddenen internationale Studie mat: beim internationale Programm fir d'Bewäertung vun de Schülerleeschtunge PISA (*Programme for International Student Assessment*), bei der HBSC-Studie (*Health Behaviour in School-aged Children*) an der *International Computer and Information Literacy Study* (ICILS).

Programme for International Student Assessment (PISA)

PISA ass eng **international Studie**, déi d'Leeschtunge vun de **15-järeg Schüler** evaluéiert. Si gëtt all dräi Joer vun der OECD (Organisation for Economic Co-operation and Development) duerchgefouert an enker Zesummenaarbecht mat alle Länner, déi un der PISA-Studie deelhuefen. PISA evaluéiert d'Kompetenze vun de Schüler an de Beräicher **Naturwëssenschaften a Mathematik** souwéi hir **Lieskompetenz**, déi als relevant ugesi gi fir dee weidere schoulesche Parcours an hiert spéidert Liewen als erwuesse Leit.

Liest och: [Étude PISA au Luxembourg](#)

Health Behaviour in School-aged Children (HBSC)

Déi transnational Pionéier-Studie HBSC erlaabt et zanter 30 Joer, **d'Wuelbefanne** vun deene Jonken, **d'Gesondheitsverhalen** an **hiert soziaalt Verhalen** besser ze verstoen. Dës Fuerschungszesummenaarbecht mam Regionalbüro vun der Weltgesundheitsorganisatioun (**WHO**) fir Europa gëtt all véier Joer a 45 Länner a Regiounen an Europa an Nordamerika ofgehalen. Zulescht gouf se am **Fréijoer 2018** duerchgefouert.

Zu Lëtzebuerg gëtt dës Studie vun enger interministerieller Aarbechtsgrupp vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an dem Gesondheitsministère, a Partnerschaft mat der Universitéit Lëtzebuerg, duerchgefouert.

Gitt och op: hbsc.lu

International Computer and Information Literacy Study (ICILS)

D'ICILS, déi vun der *Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative* vum SCRIPT koordinéiert gëtt, gouf am **Mäerz 2018** fir all d'**6es-Klasse vum ESC an ESG** duerchgefouert. Et geet drëms ze bestëmmen, op Basis vu Problemer, déi um Computer ze léise sinn, wat fir eng **reell Kompetenzen** d'Schüler um Niveau vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien hunn.

Gitt och op: www.iea.nl/icils